

schloss. Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 5443.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi ass ugehall mat 60 Jo-Stëmmen.

■ **Plusieurs voix**.- Aaahhh!

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Marc Angel), Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Xavier Bettel), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helming, Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Felix Braz, Camille Gira (par M. Henri Kox), Jean Huss (par M. Claude Adam), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

■ **M. le Président**.- Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(**Assentiment**)

Dann ass et also esou décidéiert.

■ **M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration**.- Här President!

■ **M. le Président**.- Här Ausseminister!

■ **M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration**.- Zu deem nächste Projet wollt ech soen, dass d'Verhandlungen um Kierchbiere nach amgaange sinn. Wann Der d'accord wiert, géif ech elo hei bleiwe wann d'Diskussioun géif ugoen, an de Luc Frieden, dee kënnt esou séier erof wéi e ka kommen, fir dann hei säin Accord zu deem Gesetz ze bréngen.

■ **M. Jacques-Yves Henckes (ADR)**.- Här President! Mir sinn net ganz begeeschtert vun...

■ **M. le Président**.- Här Henckes!

7. Question préalable de M. Jacques-Yves Henckes

■ **M. Jacques-Yves Henckes (ADR)**.- Här President, ech wollt nach eng Kéier eng Question préalable stellen, gemäss dem Artikel 36(1) vun onsem Reglement. Mir hätte gären als Fraktioun, datt de Ministre compétent hei ass, well justement déi Problematik, déi mer wëllen abordéieren, nämlech déi ob d'Karibikinselen zum Beispill den Accord ginn hunn, ob do Konventiounen gemaach gi sinn, dat heescht ob d'Konditiounen, fir datt d'Direktiv kann den 1. Juli a Kraaft treden, erfüllt sinn oder net.

An dat soll justement elo debatéiert ginn. No mengen Informa-

tiounen ass an der Debatt, fir de Report vun dem Gesetz a vun der Direktiv nach eng Kéier ëm sechs Méint erauszéieren. Dofir wier et awer wichteg, datt mer d'Nouvellen, datt mer frësch Nouvellë vum Minister géingen héieren, an net datt mer hei debattéieren, e Gesetz unhuelen, wat mer dann nees an aacht Deeg nach eng Kéier mussen änneren.

■ **M. le Président**.- Mä ech denke grad just, Här Henckes, dass mer frësch Nouvellë vum Minister aus dem Conseil héieren, soubal wéi e kënnt. De Moment gi jo grad just déi dote Froen, déi Dir hei soulevéiert, diskutéiert...

■ **M. Jacques-Yves Henckes (ADR)**.- Jo, a wann en net kënnt?

■ **M. le Président**.- ...an ech denke wann e kënnt, da kann en eis dat matdeelen. Den Här Thiel huet d'Wuert gefrot.

■ **M. Lucien Thiel (CSV)**.- Jo, Här President, eng Äntwert op dem Här Henckes säin Awand. De Problem, deen um Kierchbiere ass, huet näischt mat der Karibik ze dinn. Et geet do ëm Interpretatiounen vun der Direktiv a vum Gesetz iwwert déi mir haut guer net ofstëmmen hei. Dat heescht et wäert näischt drun änneren um Gesetz, wat och ëmmer elo um Kierchbiere erauskënnt.

(**Interruptions diverses**)

■ **Une voix**.- Voilà!

■ **Mme Colette Flesch (DP)**.- Oh Gott!

(**Hilarité**)

■ **M. Jacques-Yves Henckes (ADR)**.- Här President, den Ordre du jour gesäit eppes anescht vir! An et ass e Vote virgesinn!

■ **M. le Président**.- Ech gesinn net an, firwat datt mer hei missten zu engem Vote kommen.

(**Interruption**)

Den Här Henckes freet d'Presenz vum Minister. D'Regierung ass jo awer vertrueden. Den Här Asselborn huet gesot, hie géif den Här Budgetsminister vertriebe bis datt deen heihinner kënnt. Dat hu mer oft esou hei am Parlament gemaach, an ech gesinn net an, datt mer doriwwer sollen elo ofstëmmen.

■ **M. Jacques-Yves Henckes (ADR)**.- Dach, Här President! A menger Question préalable ass en Ajournement gefrot bis datt de Minister hei wier. Méi verlaange mer net.

(**Brouhaha général**)

An doriwwer hu mer d'Méiglechkeet fir ofstëmmen ze loosse. Mä ech wëll awer op jidde Fall soen, datt et wichteg ass, datt de Minister hei ass, och wat d'Interpretatiounsfroen ugeet, well et ass justement doriwwer wou bal d'Halschent vu menger Interventioun wäert goen.

■ **Plusieurs voix**.- Oooohhhh!!!

■ **M. le Président**.- Ech froen dann d'Chamber ob se d'accord ass, dass mer elo géife mat der Diskussioun iwwert de Projet ufänken oder ob mer der Demande vum Här Henckes solle Recht ginn.

Vote

Wien domat d'accord ass, dass mer mat der Diskussioun vum Projet ufänken, dee géif ech bieden d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

(**Hilarité**)

Ech denken, Här Henckes, Dir kënnt lech selwer vum Resultat iwwerzeegen. Deementspriedend komme mer elo zu dësem Projet.

D'Riedezäit ass nom Modell 2 festgeluecht. Et si bis elo ageschriwwen: den Här Mosar, den Här Meisch, den Här Fayot, den Här

Bausch. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Lucien Thiel. Här Thiel!

8. 5297 - Projet de loi transposant en droit luxembourgeois la directive 2003/48/CE du 3 juin 2003 du Conseil de l'Union européenne en matière de fiscalité des revenus de l'épargne sous forme de paiement d'intérêts

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

■ **M. Lucien Thiel (CSV), rapporteur**.- Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, dat Gesetz, iwwert dat mer haut hei ze befannen hunn, huet eng laang Geschicht, a wéi Der elo grad nach gemierkt hutt, eng ganz beweegte Geschicht, déi nach laang net eriwier ass, déi och net wäert eriwier si wa mer haut iwwerstanen hunn. Et geet nach weider.

D'Geschicht geet zrëck op d'80er Joren, wéi sech déi deemoleg Gemeinschaft vun den 12 - do ware mer nëmmen zu 12 - dozou duerchgerongen huet, e Schrëtt weider a Richtung Integratioun ze maachen an d'Barrière beim grenzüberschreitende Kapitalverkeier bannent der Communautéit ofzeschaffen. D'Geschicht hat awer e Knet, nämlech deen, datt d'Kapital net iwwerall d'selwecht besteiert gouf, an nach haut net gëtt, an domat d'Gefor bestoung, datt et zu Verzerrungen vun de Konkurrenzbedingungen an domat zu eesäitege Kapitalverlagerungen an deem Bannemaart kënnt kommen.

Am Fréijoer 1989, zwee Joer virum Stéchdatum fir de Start vum fräie Kapitalverkeier, hunn d'Finanzministere sech eng éischte Kéier mat der Fro beschäftegt. Si hu gemengt, wann een eng Quellesteier op de Kapitalrevenuë géif aféieren, déi iwwerall d'selwecht wier, kéint een dem Risiko vun unerwünschten eesäitege Kapitalverlagerungen aus de Féiss goen. Mä déi Léisung war net no jiddferengem sengem Goût. Si kum virun allem net fir den däitsche Finanzminister a Fro, deem säi Virgänger kuerz virdru säin Hutt hat missen huelen, well hie mat enger nationaler Quellesteier op dem Akommes vum Erspuerte bäigelaaf war.

Den zweeten Ulaaf kum datselwecht Joer am Dezember, mir sinn nach ëmmer 1989, wéi de spuenesche Finanzminister zimlech onerwaart - an déi onerwaarte Momenter spillen och eng gewësse Roll an där Geschicht hei - senge Kolleegen am Ecofin eng méi enk Zesummenaarbecht vun de Steierautoritéite proposéiert huet. Do huet natierlech de Lëtzebuerger Vertrieder, an dat war deemools de Premier Jacques Santer, dee fir säi kuerz virdru verongléckte Finanzminister Jean-Claude Juncker agesprong war, d'Ouere gespëtz.

Wat de Spuenier virgeschloen huet, ass nämlech direkt op eng Ofschafung vum Bankgeheimnis erausgelaaf, eng fir Lëtzebuerg onméiglech Virstellung. Folglech huet de Jacques Santer Nee gesot, wat zur Folleg hat, datt de ganze Prozess duerch säi Veto blockéiert gouf, well deemools wéi haut an der Communautéit d'Eestëmmegkeet a Steierfroen erfuerdert war an ass.

Domat hate mer mol einstweilen eis Rou, bis dann 1992 Däitschland opgrond vun engem Uerteel vun hirem Verfassungsgericht

erëm eng Quellesteier agefouert huet a prompt dat ageetratt ass wat virauszeges war: Virun där Steier sinn déi däitsch Spuerer mat hire Sue fort an d'Ausland gelaaf, ënner anerem och op Lëtzebuerg, wou d'Zuel vun den däitsche Banken sech quasi iwwer Nuecht verduebelt huet.

D'politesch Reaktioun huet net laang op sech waarde gelooss an den Drock op Lëtzebuerg ass lassgaangen. Déi Däitsch hunn natierlech eis Lëtzebuerger d'Schold un där Kapitalflucht ginn, obschonn mir guer näischt gemaach haten. Mä dat ass nun eemol esou, wann ee Groussen et mat engem Klengen ze dinn huet.

1997, ënnert eiser viregter Présidence, huet Lëtzebuerg dovun profitéiert fir den Drock oder d'Loft erauszeloossen. Eise Finanzminister huet de sou genannte Koexistenzkompromëss proposéiert, deen den EU-Membere bei der Besteuerung vun de Kapitalrevenue de Choix tëschent enger Kontrollmatdeelung, also engem Austausch vun Informatiounen tëschent den nationale Steierbüroen, an enger anonymer Quellesteier sollt loosse. De Kompromëss gouf deemools eestëmmeg ugehall.

Mä éier et zur Ëmsetzung vun deem Kompromëss kum, gouf dee Koexistenzmodell schonn iwwert de Koup geschmass, an zwar am Juni 2000 um EU-Sommet am portugisesche Feira.

Wat war geschitt? Total onerwaart haten d'Engländer op deem Sommet proposéiert, nëmme méi eng Solutioun gëllen ze loosse, an zwar déi vum Informatiounsaustausch. Dat war wierklech eng Iwwerraschung, well bis dohinner, an nach haut, waren a sinn d'Engländer nach net grad dofir bekannt sech an d'Kaarte vun hirer City kucken ze loosse. Mä vläicht ware si zu London sauer, well se sech net mat hirer Fuerderung duerchgesat kritt haten, datt d'Euroobligatiounen, hiert groust Geschäft, bei der Quellesteier ausgeklammert sollt ginn. Oder si wollte ganz einfach déi europäesch Quellesteier évitéieren, fir och a fiskalescher Hisiicht weider Här doheim am Haus ze bleiwen. An do kenne mer jo déi englesch Mentalitéit.

Wéi och ëmmer. Mat deem englesche Virstouss hat d'Lëtzebuerger Delegatioun zu Feira e seriöse Problem, well all aner Länner, mat Ausnahm vun Eisträich, mä Eisträich war dee Moment net grad dee beschten Alliéierten, op den engleschen Zuch gesprong sinn a mir domat esou gutt wéi eleng do stoungen. Ënnert der immenser Pressioun blouf eise Vertrieder näischt anescht iwwreg wéi sech de Prinzip vun der Kontrollmatdeelung opzwängen ze loosse. Mä awer och nëmmen de Prinzip, well si hunn direkt eng Rei Konditiounen un hir Zoustëmmung gehaangen, déi an der Praxis doerobber erausgelaaf sinn, datt trotz allem bis op Weideres den ale Koexistenzmodell gëlle gelooss gouf.

Et war net esou vill dat Lëtzebuerger Argument, datt eng Kontrollmatdeelung eigentlech soss näischt géif bedeide wéi festhalen un der nationaler Steiersouveränitéit, an domat de Contraire vun enger europäescher Steierharmonisierung, dat déi aner zum Arenke beweegt huet. Et war villméi den Hiweis, datt d'Kontrollmatdeelungen an domat d'Ofschafung vum Bankgeheimnis bannent der Unioun onweigerlech eng massiv Kapitalflucht aus Europa an Drëtlänner géif no sech zéien. An dorënner hätt net nëmmen d'Finanzplaz Lëtzebuerg, mä d'gesamt europäesch Economie ze leiden gehat.

Mat deem Argument huet Lëtzebuerg erreicht, datt d'Alternativ Quellesteier op d'mannst als Iwwergangsléisung zrëckbehalen ginn ass, datt ausdrécklech fest-

gehalen gouf, datt mat Finanzplazen ausserhalb vun der Unioun Accordë getraff misste ginn, fir eng illoyal Steierkonkurrenz ze évitéieren, an datt ähnlech Mesurë géife fir d'Steieroasen agefouert ginn, déi um Gebitt vun der Europäescher Unioun leien, wéi zum Beispill d'Kanalinselen, d'Cayman Islands an d'hollännesch Antillen.

Domat war d'Bankgeheimnis einstweile gerett an d'Gefor vun enger Konkurrenz fir eis Finanzplaz ofgeblockt, déi direkt déidlech fir eis hätt kënne ginn.

Den Accord vu Feira huet trotzdeem fir Opreegung op der Plaz gesuergt, well déi Lëtzebuerger Astuce am Ufank net esou richtig eriwierkomm ass. Am Ausland gouf d'Ofmaachung esou verkaaft, wéi wann elo generell d'Kontrollmatdeelungen ageféiert géifen. Vun deenen dräi Memberländer Eisträich, Belsch a Lëtzebuerg, déi sech nach op der Plaz fir eng Quellesteier decidéiert haten, goung genausou wéineg Rieds, wéi vun deene sëllege Konditiounen, déi un d'Ëmsetzung vum Accord geknäppt gi waren.

An du goung d'Knachenaarbecht lass. De politeschen Accord war eng Saach, seng Ëmsetzung am Detail eng aner. Dräi Joer laang hunn d'Regierungsexperten um héchsten Niveau sech zu Bréissel mat deem komplizéierten Dossier erëmgeschloen, fir all déi kleng Schreiercher anzעדéien, déi schliesslech den Accord vu Feira sollte prett fir d'Praxis maachen.

Esou wéi een net derlaanscht kënnt, de Regierungsmembere vun deemools - dem Premier- a Finanzminister Jean-Claude Juncker, dem Budgets- a Finanzplazminister Luc Frieden an dem Wirtschaftsminister Henri Grethen - déi déckste Komplimenter fir hirt geschéckt Taktéieren zu Feira ze maachen, esou muss een de Fonctionnaires, déi duerno den Detail zu Bréissel ausgehandelt hunn, engem seng onageschränkten Unerkennung fir dat aussprieden, wat si erreicht hunn. Wat do ënnert der Leedung vum Gast Reinesch, dem Administrateur général am Finanzministère, zustane kum, ass scho méi wéi e politesch Meeschterstéck. Et ass eng Glanzleeschtung, där hiren Impakt fir eis Finanzplaz onermiesslech ass.

Firwat? Mä ganz einfach, well dat wat bei deene Verhandlungen hannen erauskum, dat Besch ass, wat ee fir eis Finanzplaz erausschloe konnt. Et därerf een net vergiesse, vu wou mir zu Feira fortgaange waren - nämlech vun engem generellen Informatiounsaustausch tëschent de Steiervwaltungen, also enger Ofschafung pure et simple vum Bankgeheimnis.

Dat steet, net fir d'lescht och Dank der geschéckter Implikatioun vun der Schwäiz, einstweilen net méi zur Diskussioun an därerft fréistens 2012 erëm op d'Tapéit kommen. An och d'Quellesteier, fir déi sech nieft den dräi EU-Länner Eisträich, Belsch a Lëtzebuerg all Drëtlänner, d'Schwäiz, Liechtenstein, San Marino, Andorra a Monaco, plus déi sou genannt ofhängeg Territoiré wéi d'Kanalinselen entscheet hunn, ass net esou uerg ausgefall wéi gefäert gi war. De Steiersaz ass, op d'mannst an enger éischter Phas, ze erdroen an de Katalog mat de Finanzprodukter, op déi d'Quellesteier sech applizéieren wäert, ass net iwwerdriwwel laang ausgefall.

Eng vun deene wichtigste Froen, wann net souguer déi wichtigst fir Lëtzebuerg, war an de Verhandlungen den Traitement vun den Investmentfongen, déi jo zu eise Spëtzeprodukter entre-temps gehéieren an e gudden Fénneftel zur Wäertschöpfung vun eisem Finanzsektor bäidroen.

Et stoung vu virera fest, datt nëmmen déi Kapitalrevenuë géife vun der Besteuerung erfaasst ginn, déi

a Form vun Zënsen ufalen. Dat heescht, datt nieft de Revenuë vu Spuerbicher an Termäikonte wuel och d'Revenuen aus Obligatiounen an Investmentfongen, déi an Obligatiounen ugeluecht sinn, där Quellesteier ënnerleie wäerten, mä datt dofir awer d'Dividenden, wéi se bei Aktien an Aktiefongen ufalen, verschount wäerte ginn.

Elo gétt et awer och nach gemëschte Fongen, déi souwuel dees enge wéi dees aneren enthalten, dat heescht e Mix vun Obligatiounen a vun Aktien. Wat geschitt da mat deenen? Eigentlech missten déi jo ausernee geholl ginn, ausernee gespléckt ginn, fir datt nëmmen Zënsrevenuë besteiert ginn.

Dat huet sech awer zimlech komplizéiert ugesinn, op d'mannst fir déi EU-Länner, déi net esou spezialiséiert an de Fonge si wéi mir, an dofir haten déi jo och kee Problem domat wéi et geheescht huet, et géif eng Forfaitsléisung zrëckbehalen, déi dorop erausleeft, datt gemëschte Fongen, an deenen net méi wéi 40% Obligatiounen sinn, ganz einfach wéi reng Aktiefongen traitéiert ginn an ergo net ënnert d'Quellesteier falen. Et hänkt also elo am Endeffekt nëmme vun der Kompositioun vun engem sengem Investmentportefeuille of, ob ee Quellesteier ofgehale kritt oder net. An déi fein Nuance, dee feinen Ënnerscheed, kann ee soen, ass selbstverständlech weder eise Banquieren, nach hire Clienten entgaang.

Dat Ganzt ass natierlech nach e Krack méi komplizéiert wéi ech et elo duergestallt hunn. Mä et léisst lech dach awer miessen, wéi kriddelech déi Verhandlungen zu Bréissel waren, an et erkläert och firwat den Text vun der Direktiv, déi mer elo ëmsetzen, déi no dräi Joer endlech zustane koun, esou schwéier lieserlech a verständlech fir en net Spezialist ass.

Déi Direktiv, déi den 3. Juni 2003 vum Ecofin ofgeseent gouf an déi mir haut an eist nationaalt Recht ëmsetzen, gesäit vir, datt an deenen éischten dräi Joer all EU-Steierzueler, ausser de Lëtzeburger selwer natierlech, vun hirer Lëtzebuerger Bank 15% vun hiren Zënsrevenueen als Quellesteier ofgeknäppt kréien. Duerno wäerten et 20% sinn a schliesslech, vun 2012, 2013 un, 35%. En Taux, deen direkt konfiskatoresch gétt an un deen nach keen esou richtig gleefft, besonnesch wou d'Steiertendenz och bei de Persounen iwwerall an Europa daitlech no ënnen an domat an déi entgéintgesate Richtung weist.

Wat geschitt elo mat deene Prélèvemententer, déi d'Banken op de Konte vun hire Clientë maachen? Mä déi Sue ginn un en extrae Büro vun eiser Steierverwaltung, déi dann emol direkt ee Véierels fir hir eege Keess abehält, dat heescht fir d'Lëtzebuerger Steieren abehält, an dräi Véierels dann un déi jeeweileg Heemechtslänner vun de Clientë schéckt, an zwar am Pak, dat heescht ouni d'Identitéit vum eenzelne Client ze révéléieren.

Dat alles soll elo den 1. Juli lassgoen. Eigentlech war et schonns fir den 1. Januar geplangt, mä net jiddferree war du prett, ënner anere mir, well mir haten nach kee Gesetz. A souguer den Datum vum 1. Juli ass neierdénge erëm a Fro gestallt, well engersäits d'Virbereedungsaarbechten anscheinend nach ëmmer net iwwerall ofgeschloss sinn an et op där anerer Säit Zweifel dru gétt, datt zum Beispill an der Karibik d'Konditiounen wierklech zu 100% erfüllt sinn. Ob do elo alles an der Rei ass, sollt net méi spéit wéi haut den Ecofin feststellen.

■ **M. Jacques-Yves Henckes** (*ADR*).- Très bien, Här Rapporteur.

■ **M. Lucien Thiel** (*CSV*), *rapporteur*.- Jo.

■ **M. Jacques-Yves Henckes** (*ADR*).- Virdrun hutt Der de Contraire gesot.

■ **M. Lucien Thiel** (*CSV*), *rapporteur*.- Neen!

(*M. Jos Scheuer prend la Présidence*)

■ **Une voix**.- Mä da loosst en dach schwätzen!

(*Interruptions*)

■ **M. Lucien Thiel** (*CSV*), *rapporteur*.- Ech hu probéiert, Här Henckes, lech kloerzemaachen, datt dee Retard vun der Regierung näischt heimat ze dinn huet,...

(*Interruptions diverses*)

...mä mat zwou Detailfroen, déi ech kann am Eenzelnen explizéieren, wann Der Zäit hutt bis den Owend zéng Auer, an déi net an dësem Gesetz verankert sinn. Dat sinn Interpretatiounen, déi gemaach gi si vun der ABBL an hirem Handbook fir d'Banken.

(*Coups de cloche de la Présidence*)

Déi sinn emol net vun engem offiziellen Organ gemaach ginn. An dat ass op Bréissel komm an zu Bréissel ass gesot ginn: Wann Der dat doten esou maacht, hu mir e Problem domat. Mä datt huet mam Gesetz selwer näischt ze dinn! An dofir gesinn ech net an, datt mer elo dauernd probéieren dat hei mateneen ze verknëppen.

■ **Une voix**.- Très bien.

(*Interruptions diverses*)

■ **M. le Président**.- Här Rapporteur, Dir hutt d'Wuert. Wann de Rapporteur geschwat huet, ass munches méi kloer, Här Henckes.

(*Interruptions diverses*)

■ **M. Jacques-Yves Henckes** (*ADR*).- Ech gleewen et net.

■ **M. Lucien Thiel** (*CSV*), *rapporteur*.- Ech wollt och nach derbäi soen, fir komplett ze sinn a fir den Här Henckes ze berouegen, datt viru véier Deeg de President vum Ecofin e Bréif kritt huet vun der europäescher Bankfederatioun a vun der Federatioun vun den Investmentfongen, déi nach eng kéier drop higewisen hunn, datt gewëssen Zweifel bestinn un der Preparatioun oder dem definitiven Ofschloss vun alle Konditiounen an déi gesot hunn, et wier awer vläicht besser, datt et net soll den 1. Juli ulafen.

Dat wier dat Eenzegt wat kënnst sinn. Ech weess awer net ob do iergendwéi ee bis elo schonn dra gelaut huet an ech hunn och net héieren, datt de President bis elo dra gelaut hätt.

Et ass natierlech grad déi Suerg, datt iergendee sech net un d'Regele géif halen an domat alles erëm a Fro gestallt wier, wat Lëtzebuerg zécke gelooss huet a schliesslech mat sech bruecht huet, datt mir bei der Ëmsetzung zu deenen Allerleschte gehéieren an dofir och scho vu Bréissel e béise Fanger gemaach kritt hunn. Dat ass déi eng Explikatioun firwat et héich Zäit gétt fir d'Ëmsetzung.

Déi aner ass déi, datt et en etlechen Hin an Hier, souwuel mat Bréissel wéi mat eisen eegenen Instanzen heiheem gouf, déi fir d'Verspéidung gesuergt hunn. Esou war zum Beispill de Statsrot net mat der ursprénglecher Version vun der Regierung d'accord, well déi d'Banken zwénge wollt, dem Client op deem seng Demande hi souwuel d'Méiglechkeet ze offréieren, sech en Zertifikat bei sengem Fisc doheem ze froen, deen d'Quellesteier géif iwwerflësseg maachen, wéi och d'Bank unzestellen, amplaz vun der Quellesteier eng Kontrollmatdeelung un d'Steieren doheem ze maachen.

D'Zertifikatsléisung konnt de Statsrot plus ou moins akzeptéieren, mä net déi fräiwëlleg Kontrollmatdeelung, déi senger Meenung no géint d'Bankgeheimnis géif verstoussen. Déi Iwwerleeung ass net ganz falsch, well genau geholl ass de Client jo net Propriétaire vu sengem Bankgeheimnis a kann deemno och seng Bank net dovun entbannen.

Op där anerer Säit awer ass d'Zäit net spuerlos un deem Bankgeheimnis eriwweergaangen. Scho viru Jore sinn d'europäesch Banke vum amerikanesche Fisc dozou gezwonge ginn, Kontrollmatdeelungen, à la demande natierlech vun hire Clienten, an dësem Fall vun hiren amerikanesche Clienten, ze maachen, sou datt ee sech froe muss, firwat déi Prozedur net och vis-à-vis vun eisen europäeschen Nopere méiglech sollt sinn. D'Finanz- an d'Budgetskommissioun huet dofir dem Statsrot virgeschloen, souwuel den Zertifikat wéi d'Kontrollmatdeelung gëllen ze loossen.

Si huet awer op där anerer Säit och Versteesdemech fir d'Acteuré vun der Plaz gewisen, déi vereenzelt Problemer haten, fir hire Clienten direkt déi zwou Alternativen zur Quellesteier ze offréieren. Dofir soll et de Banken iwwerlooss bleiwen, ob si déi zwou oder nëmmen eng vun deenen zwou Alternativen ubidden. Genausou wéi et an der Direktiv virgesinn ass.

Et ass besonnesch am Ausland vill driwwer spekuléiert ginn, wat dann elo d'Konsequenze vun där paneuropäescher Quellesteier fir d'Finanzplaz Lëtzebuerg wäerte sinn. Munch een huet schonns d'Enn vun de Banke bei eis eropdämmere gesinn, a bis haut hält sech zimlech haartnäckeg an der internationaler Press d'Meenung, datt elo eis Bankeplaz keng Zukunft méi hätt. Mir däerfen net vergiessen, datt mir an der Vergaangenheet fir Jalousie ronderëm eis gesuergt hunn an datt et munchen Noper gétt, deen den Ënergank vun eiser Finanzplaz erbäibiet a souguer mat heiansdo zweifelhaften Amnestietricken ze accéléreiere versicht.

Et wier elo iwwerdriwwen ze soen, déi Quellesteier wier eng gutt Saach fir eis Finanzplaz. Wa se och nach esou gutt vun eiser Regierung agefädelte a vun hiren Ennerhändler modeléiert ginn ass, bleift dach ëmmer d'Tatsaach, datt e wichtige Steen aus dem Steierverwëllef erausgebrach ginn ass, dat bis elo eis Finanzplaz gedroen huet. Wann ee seng Attraktivitéit aus gewëssen Avantagen zum Beispill am steierleche Beräich bezitt, dann ass et onvermeidlech, datt déiselwecht Attraktivitéit schrompt wann och d'Avantagë gekierzt ginn. An dat trifft ouni Zweifel an dësem Fall op Lëtzebuerg zou.

Mä esou absolut däerf een déi Saach och erëm net gesinn. Ënnert den heitegen Ëmstänn, déi duerch eng progressiv Integratioun vum gemeinsamen europäesche Maart an déi dozou noutwendeg a schrittweis Harmoniséierung charakteriséiert sinn, ass déi Léisung, déi mer haut ofseene sollen, dat bei wäitem geréngsten Iwwel. Op där anerer Säit däerf een net vergiessen, datt heiansdo eng onbequem Léisung besser wéi guer keng Léisung ass.

Während Joren hu sech eis Bankclienten aus dem Ausland besuergt gefrot wéi et da weider géif goe mat eisem Bankgeheimnis, datt iwwregens net nëmme gefrot ass wann et drëm geet Steieren ze strëppen, wëllt ech emol ënnesträichen. Elo kennen si d'Äntwert op hir Froen, op d'mannst fir déi nächsten Zukunft. Lëtzebuerg ass domadder als Finanzplaz e gutt

Stéck méi prévisibel a méi sécher ginn.

A schliesslech ass mat der Direktiv och den Drock, net nëmmen op d'Banken an hir Clienten, mä och op eis Politiker gewach, déi sech elo op e kloert an europawäit unerkannte Bankgeheimnis berufen kënnen, deem een net méi de Geroch vun Illegalitéit, vu Steuerparadäis a Geldwäsch unhänke kann. Fir den Image vun der Plaz ass deen Aspekt net ze ënnerschätzen, an et sollt een deen och elo konsequent bei der Promotioun vun deem Image asetzen.

Allerdénge - an d'Harmoniséierungswell deit och an déi Richtung - hunn d'Zäite sech fir eis Finanzplaz geännert. Ob mir et wëlle wouerhunn oder net, sinn déi gëlle Jore vun de séier a liicht verdéngte Suen hei op der Plaz eriwuer. D'Spillregelen, déi mer eis do selwer gezammelt haten an déi net ganz zoufälleg exakt op d'Besoiné vun eise Banken zougesechnidde waren, ginn, wéi mer et grad haut erëm gesinn, no an no duerch d'Gemeinschaftsregele vu Bréissel ersat, déi eis ëmmer méi an d'Noperschaft vun eisen EU-Partner a Konkurrente réckelen. Déi Souveränitéitsnischen, an deene mer eis breet gemaach an an deene mer gutt verdéngt hunn, ginn no an no zou an et gétt ëmmer méi enk dran.

Dat seet eis, datt et un der Zäit ass sech no neien Nischen ëmzege sinn, déi hir Attraktivitéit an hir Stärkt forcément net méi aus eiser Eegestaatlechkeet eleng bezéie kënnen. Déi grouss Fro ass, wouru mer dann d'Zukunft vun eiser Finanzplaz ofhänke kënnen. Enger Finanzplaz, déi nach ëmmer 28% zu eisem Bruttosozialprodukt an direkt ee Véierels zum Steierakommes bäidréit. Et gétt wuel nëmmen eng Äntwert op déi Fro: Mir mussen nach méi kompetent ginn.

Mir mussen innovativ Finanzprodukter offréieren. Mir mussen eis op Finanzdénge schtleeschunge spezialiséieren, déi eng méiglechst héich Wäertsteigerung erlaben. Bref, mir musse besser wéi all déi aner sinn, op d'mannst an deene Maartnischen, op déi mer eis spezialiséiert hunn.

Dat alles ass net onméiglech, well mir bréngen net déi schlechteste Viraussetzungen dofir mat. Mir hunn eng laang a grouss Erfahrung am internationale Finanzgeschäft. Mir hunn eis an deene leschte 40 Joer mat alle wichtigen Acteuré vun der Finanzwelt ronderëm de Globus vernetzt a mir hunn den eemolegen Advantage vun de kuerzen Entscheidungsweeër an der séierier Upassung.

Mä geet dat duer fir och weiderhin d'Nues vir ze behalen? Musse mer net nach kräfteg un der Verbesserung vun eiser fachlecher Kompetenz feilen? Musse mer net vill méi an d'Fuerschung investéieren, fir wierklech an der Innovatioun vir ze sinn? Musse mer net déi gescheitste Käpp op Lëtzebuerg lackelen, fir datt se eis hëllefen am Spëtzeveloton ze bleiwen? Ech hoffen, neen, ech si sécher, datt mir mat der Uni Lëtzebuerg an hirer School of Finance um richtege Wee dohinner sinn.

Mir hunn d'Quellesteierschluecht gewonnen an dofir kann ech lech nëmme recommandéieren dësem Ëmsetzungsgesetz zouzestëmmen, mä mir sollten net vergiesen, datt mir mat där enger Schluecht nach laang net de Krich ëm d'Iwwerliewe vun eiser Finanzplaz gewonnen hunn.

Ech soen lech Merci.

■ **M. le Président**.- D'Wuert kritt elo den Här Mosar.

Discussion générale

■ **M. Laurent Mosar** (*CSV*).- Här President, Dir Dammen an Dir Härren, d'Diskussioun an de Vote vum Projet de loi iwwert d'Quellesteier sinn a sech déi viraus-

setzlech lescht Etapp an enger laanger Prozedur, déi 1989 vun der Europäescher Kommissioun ugefaange ginn ass an déi den 20. Juni 2003 zu Feira a Portugal eng bis elo zumindest endgültig Léisung fonnt huet.

Ech wëll haut an hei net méi op dee ganzen Historique agoen, deen zu dësem Projet de loi gefouert huet. Mäi Kollege, de Rapporteur Lucien Thiel, huet dat op eng äusserst komplett an ausgiebig Manéier esouwuel a sengem schrëftleche wéi sengem mündleche Rapport gemaach, wouzou ech him am Numm vu menger Fraktioun wëll Merci soen, dëst an engem net einfache Beräich, deen hien awer dank senger laangjähreger Erfahrung op de Fangerspëtze kennt.

Ech wëll dofir och net méi op déi eenzel Modalitéite vun dësem Accord agoen, mä mech mat zwee Volete beschäftegen, déi och an der zoustänneger Kommissioun fir länger Diskussiounen gesuergt hunn.

Deen ee betrëfft d'Bankgeheimnis am Allgemengen a ganz besonnesch am Kontext vun dësem Projet de loi, an zweetens wëll ech mech da mat de Konditiounen beschäftegen an deenen d'Direktiv a Kraaft wäert treden.

Här President, de Rapporteur Lucien Thiel huet a sengem Rapport schonn op d'Interpretationsschwieregkeeten higewisen, déi sech ëmmer erëm stellen am Kontext vum Bankgeheimnis. An deene ganzen Diskussiounen am Virfeld vun der Adoptioun vun der Direktiv vu Feira ass ëmmer erëm aus dem Bankesecteur op d'Wichtigkeet higewise ginn, déi d'Bäibehale vum Bankgeheimnis fir d'Kompetitivitéit vun eiser Finanz- a Bankeplaz huet.

Och bei anere Gesetzprojeten, déi eng Répercussioun op dës Finanzplaz hunn, wéi zum Beispill d'Gesetz iwwert de Blanchiment oder awer och d'Gesetz iwwert d'Entraide judiciaire en matière pénale, ass ëmmer erëm vun de Verrieder vun der Bankeplaz drop gepocht ginn, datt vu Regierungs- a vu Chambersäit alles misst ënnerholl ginn, fir all Attack op d'Bankgeheimnis ofzewieren.

Allerdénge, an ech wëll dat dann nach eng kéier betounen, an de Rapporteur huet et och scho gemaach a sengem schrëftleche Rapport, ass a sech deen éischte Bankgeheimnis de facto opgehuewe ginn duerch dee sou genannten Qualified Intermediary Agreement, deen am Joer 2000 tëschent de Lëtzebuerger Banken an den amerikanesche Steierautoritéiten ofgeschloss ginn ass. Dësen Agreement ass a sech deen éischte Schrott gewiesch an Direktioun Ophiewe vum Bankgeheimnis an ech hunn dofir och ëmmer erëm Schwierigkeete fir nozevollzéien, firwat d'Bankenautoritéite sech mat Hänn a Féiss wëlle géint d'Direktive wieren, nodeem si selwer an deem virgenannten Agreement eigentlech enger Aushielegung vun deem Bankgeheimnis expressément zougestëmmt hunn.

Et soll een also haut an hei net esou maache wéi wa mat dëser Direktiv Neiland géif betruede ginn, an heimadder och een éischte Schrëtt a Richtung Aushielegung vum Bankgeheimnis gaange géif ginn, well déi Prinzipien, déi an dësem Projet de loi festgeschriwwen ginn, sinn zimlech genau déiselwecht, an de Rapporteur huet et virdrun och nach eng kéier erkläert, déi an deem Qualified Intermediary Agreement festgehalte gi sinn.

An dësem Text ass par ailleurs kloer festgehalte ginn, datt den Titulaire vum Bankgeheimnis net de sou genannten Agent payeur, also am Regelfall d'Bank ass, mä de Client selwer, deen och fräi ass ze decidéieren ob hien op säi Bankgeheimnis wëllt oder net wëllt verzichten.

Ech begréissen dofir och, datt iwwert deem Amendement, deem d'Kommissioun ugeholl huet, nach eng kéier ënnerstrach gëtt, datt den Titulaire vum Bankgeheimnis net de Banquier, mä de Client ass. Ech weess, datt dës Interpretatioun vun enger ganzer Rei vu Juristen net gedeelt gëtt, déi der Meenung sinn, datt et den Agent payeur eigentlech wier, deem den Titulaire vum Bankgeheimnis ass an deem och kënnt doriwwer bestëmmen ob a wéini dëst Bankgeheimnis opgehewe gëtt.

Déiselwecht Juriste sinn dann och der Meenung, datt mer mat deem Artikel, deem am Projet de loi festgeschriwwen ass, elo géifen een definitivt Doudesuerteel iwwert d'Bankgeheimnis sprächen.

Här President, ech war, sinn a bleiwen der Meenung, datt an de Relatiounen tëschent dem Agent payeur an dem Client net den éischtgenannten, mä de Client deem ass, deem duerch d'Bankgeheimnis an der Intimitéit vu sengem Privatiewe soll geschützt ginn. Ech wëll nämlech nach eng kéier drun erënneren, datt d'Bankgeheimnis eigentlech en Attribut vum Privatiewe vun all Bierger ass, dat muss géint all extern Aflëss geschützt ginn. D'Bankgeheimnis fënnt nämlech genau an deem Schutz vun der Privatsphär seng Originen an et läit natierlech op der Hand, dass wéi bei all aneren Attributer vum Privatiewen de Bierger och heirober kann expressément renoncieren.

Ech kann dofir och net novollzéie wat fir eng pertinent Argumenter dogéint schwätzen, datt de Bierger, deem an deem Kontext de Client vun der Bank ass, net kann op dësen Attribut vu senger Privatsphär verzichten. Heiraus ergëtt sech, datt ech elo net déi Kritik vun deene Leit kann novollzéien, déi steif a fest behaupten, datt duerch den Amendement, deem déi zoustänneg Kommissioun ugeholl huet, dem Client seng Rechter an Zukunft wäerten ageschränkt ginn.

Allerdéngs wëll ech betounen, datt souwiso d'Bankgeheimnis hei zu Lëtzebuerg an an deenen aneren EU-Memberstaaten, esou wéi an den Drëttstaaten an den Territoires associés souwiso jo nëmme méi wäert bestoe bleiwe während der Iwwergangszäit bis zum 1. Januar 2010 an duerno mer souwiso automatesch op de System vum Informationsaustausch wäerten iwwergoen.

Déi verschidden Acteure vun der Banken- a Finanzplaz wieren also gutt beroden dës Iwwergangszäit ze notzen, fir hir Aktivitéiten esou ze orientéieren, datt se net méi ofhängeg si vum éiwege Weiderbestoe vun deem Bankgeheimnis.

Perséinlech sinn ech dovun iwwerzeegt, datt eis Finanzplaz, wéi schonn an der Vergaangenheet, wäert déi Reaktivitéitskapazitéiten hunn, fir sech an dëser neier Situatioun erëmzefannen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wat elo d'Akraafttriede vun der Direktiv ubetrëfft, wëll ech nach eng kéier drun erënneren, datt am Prinzip all Memberstaaten déi Direktiv hätte misse bis zum 1. Januar 2004 ëmsetzen, esou datt mir eng substanzuell Verspéidung opzeweisen hunn an ech dofir och frou sinn, datt mer schlussendlech haut elo eis Hausaufgab endlech maachen, andeem mer den Text vum Projet de loi definitiv unhuelen.

Mir maachen dat deeselwechten Dag wou a sech de Conseil Ecofin soll en Zwëschebilan maachen iwwert d'Ëmsetzungsprozedur vun der Direktiv an deene verschidde Memberlänner, den Drëttstaaten, awer och de sou genannten Territoires dépendants an associés an deenen equivalent Mesuré sollen adoptéiert ginn.

Ech sinn iwwerzeegt, datt den zoustänneg Budgets- an Tresorminister eis herno wäert soe wat de Moien an de Mëtten am Ecofin-

Conseil erauskomm ass a wéi et wäert virugoe mat der Ëmsetzung vun dëser Direktiv. Ech wier dann och herno gespaant ze héieren ob entre-temps all Drëttstaten an associéiert Territoiren dës equivalent Mesuren ugeholl hunn.

Esou konnt ee besonnesch an de leschten Deeg a Wochen an den internationale Medien deelweis kontradiktoresch Informatiounen iwwert den Ëmsetzungsstand vun der Direktiv enthuelen, aus deenen notament erausgaangen ass, datt ganz besonnesch um Niveau vun den associéierten an ofhängegen Territoirë mer nach wäit vun enger Ënnerschrëft vu Konventiounen respektiv och vun enger Ratifikatioun ewech wäeren.

Ech wëll duerfir och nach eng kéier drun erënneren, dass d'Direktiv eréischt kann a Kraaft trieden, wann d'Europäesch Kommissioun festgestallt huet, datt an alle Memberlänner, Drëttstate souwéi associéierten an ofhängegen Territoiren dës sou genannte Mesures équivalentes a Kraaft getruede sinn.

Leider Gottes ass et allerdéngs esou, datt an der Direktiv keng genee Prozedur a sech festgeluecht ginn ass, déi beschreiwe soll, wéi a wéini a vu wem dës Kontroll vun der Ëmsetzung vun der Direktiv verlafe sollt, esou datt et fir mech net ganz kloer ass, wéini genau d'Direktiv a Kraaft trëtt an domadder natierlech och d'Gesetz, wat mer haut hei solle stëmmen.

Mengem Informationsstand no ass et jo am Prinzip d'EU-Kommissioun, déi muss am Detail d'Ëmsetzung vun der Direktiv kontrolléieren an heiriwwer dem Conseil Ecofin ee genaue Rapport maachen. Ech géif op jidde Fall wënschen, datt, ier d'EU-Présidence hire Segen heizou géif ginn, genauestens géif nokontrolléiert ginn, ob a wéini déi verschidde Bestëmmungen an deenen diversen EU-Memberlänner, Drëttstaten an associéierten Territoiren a Kraaft trieden.

Meng Fraktioun an ech selwer hu vollt Vertrauen an d'Regierung an an déi zoustänneg Ministeren, datt d'Présidence eréischt hire Feu vert wäert ginn, wa wierklech kloergestallt ass, datt zumindest all Memberstate wéi Drëttstaten, wéi zum Beispill d'Schwäiz, Liechtenstein, Andorra, Monaco, San Marino an och d'Vereenegt State vun Amerika, esou wéi déi verschidden associéiert an ofhängeg Territoiren hir Hausaufgab gemaach hunn.

Mir sinn eis bewusst, datt et schwierig ass fir ze kontrolléieren, ob all pazifesch oder karibesch Insel bis in extenso d'Oplage vun der Direktiv erfëllt, mä et muss zumindest ofgeséichert sinn, datt déi Länner, déi ech virdrun opgezielt hunn, hir Hausaufgabe komplett gemaach hunn.

Här President, d'Manier, wéi dës Direktiv an an ausserhalb vun Europa wäert ëmgesat ginn, ass vun enger kapitaler Bedeitung fir d'Finanz- a Bankeplaz Lëtzebuerg. Mir kënnen net akzeptéieren, datt, nodeem mir déi verschidden Dispositiounen vun där Direktiv 100%eg ëmgesat hunn, dës nëmme hallefhäerzeg vun anere Länner an associéierten Territoirë géif gemaach ginn.

Hei geet et och ëm d'Glawierdegkeet vun der europäescher Politik, dës ganz besonnesch am Virfeld vu verschidde Referenden iwwert d'EU-Verfassung, an dofir schéngt et menger Fraktioun a mir onerlässlech ze sinn, all Garantien ze hunn, ier mir als Lëtzebuerger EU-Présidence eise Feu vert zum Akraafttriede vun dëser fir Lëtzebuerg esou wichtiger Direktiv ginn.

Ech géif dofir am Numm vun de Majoritéitsparteien eng Motioun déposéieren, déi d'Regierung invitéiert ganz genau nozuprüfen, ob déi verschidde concernéiert Länner an associéiert Territoiren

d'Bestëmmungen erfëllen, esou wéi se am Artikel 17, 2. Alinea vun der Direktiv festgeluecht gi sinn, an hire Feu vert fir d'Akraafttriede vun der Direktiv eréischt da ginn, wann och all dës Konditiounen erfëllt sinn.

Motion 1

La Chambre des Députés,

- considérant que le vote du projet de loi transposant en droit luxembourgeois la directive 2003/48/CE du 3 juin 2003 du Conseil de l'Union européenne en matière de fiscalité des revenus de l'épargne sous forme de paiement d'intérêts intervient au moment où le Conseil Ecofin prend connaissance du rapport intermédiaire de la Commission sur l'état de la transposition de la directive par les États membres de l'Union européenne ainsi que sur l'adoption, par les pays tiers et les territoires associés concernés, de mesures équivalentes;

- considérant que «mesures équivalentes» signifie «les mêmes mesures», soit l'échange d'informations ou l'introduction d'une retenue à la source de niveau égal à celui pratiqué par l'Autriche, la Belgique et le Luxembourg;

- considérant qu'il est essentiel que l'ensemble des pays membres, des pays tiers concernés et des territoires associés ou dépendants pratique soit l'échange d'informations, soit une retenue à la source de niveau suffisant à partir de la date prévue pour l'entrée en vigueur de la loi de transposition, afin que le Luxembourg ne soit pas placé à un désavantage par rapport à des pays ou territoires qui, en réalité, ne pratiqueraient aucune de ces mesures;

- considérant que c'est le Conseil, sur la base d'un rapport de la Commission, qui doit constater que des mesures équivalentes ont été prises dans l'ensemble des pays et territoires concernés afin de permettre l'entrée en vigueur des mesures prévues par la directive 2003/48/CE;

- considérant que l'article 17 paragraphe 3 de la directive prévoit que si tel n'est pas le cas, le Conseil devra décider d'une nouvelle date pour la mise en œuvre de l'échange d'informations respectivement de la retenue à la source;

invite le Gouvernement

- à veiller au respect scrupuleux des dispositions de l'article 17 paragraphes 2 et 3 de la directive;

- à différer la publication et, partant, l'entrée en vigueur de la loi de transposition de la directive jusqu'au moment où les dispositions précitées se trouvent remplies par l'ensemble des pays et territoires visés par la directive.

(s.) Laurent Mosar, Alex Bodry, Ben Fayot, Lucien Thiel, Michel Wolter.

Här President, dës gesot wëll ech dann hei awer och ausdrécklech den Accord vu menger Fraktioun zum Projet de loi bréngen an hoffen, datt dës Direktiv esou komplett wéi méiglech an allen EU-Staten, Drëttstaten an associéierten an ofhängegen Territoiren ëmgesat gëtt.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix. - Très bien.

M. le Président. - Merci, Här Mosar. Als zweeten Diskussionsriedner ass den Här Meisch age droen. Här Meisch, Dir hutt d'Wuert.

M. Claude Meisch (DP). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Diskussioun iwwert den Inhalt vun deem Gesetz, dat mer

haut stëmmen, geet op 1989 zréck, also scho méi wéi 15 Joer, an de Rapporteur huet nach e bësse méi ee wäite Réckbléck gemaach. Ech wëll direkt virausschécken, datt dës Projet de loi, deem d'Direktiv iwwert d'Fiscalité de l'épargne soll ëmsetzen, d'Interesse vu Lëtzebuerg respektéiert a gläichzäiteg deene vun der Europäescher Unioun Rechnung dréit.

Dës Direktiv naturaliséiert nämlech dat Damoklesschwäert, dat während méi wéi 15 Joer iwwer Lëtzebuerg a senger Bankeplaz gehaangen huet. D'Wichtegkeet vun der Bankeplaz fir eis Ekonomie ass onverkennbar. D'Bankeplaz, dat heescht 22.470 Aarbechtsplazen. D'Bankeplaz, dat heescht méi wéi 28% vun eisem PIB. D'Bankeplaz, dat heescht 80% vun de Recetten an der Kollektivitéitssteuer.

Dat ënnersträicht wéi wichteg den Dossier vun der Zënsbesteuerung fir Lëtzebuerg ass, firwat och an Zukunft ee kompetitiivt Ëmfeld fir d'Banken muss garantéiert bleiwen.

Den Här Thiel, deem ech op dëser Plaz villmools Merci wëll soe fir säi schrëftlechen an och säi mündleche Rapport, huet den Historique vun de Verhandlungen gemaach. Ech géing mer awer erlaben, nach eng kéier kuerz dorobber anzegoen fir ze ënnersträichen, datt et wierklech e schwierigen Exercice war, fir zu deemem Accord ze fannen. Ech wëll awer och dorop hiweisen, datt déi decisiv Momenter an deem Dossier während der leschter Legislaturperiod stattfonnt hunn, an dofir kann een der deemoleger Regierung mat Sécherheet félicitéieren.

Här President, d'Ursaachen, déi den Accord oder déi Direktiv, iwwert déi mer haut schwätzen, néideg gemaach hunn, si bekannt: de fräie Kapitalverkéier an d'Tat-saach, datt tëschent deene verschidde nationale Regimer, wat d'Zënsbesteuerung ubelaangt, a besonnesch wat d'Zësen vun den net Résidenten ubelaangt, bis elo keng Koordinatioun besteet, erlaabt et de Bénéficiairë vun Zësen, déi an engem anere Land wunnen, der Besteuerung ze entkommen. Beim Kapitalverkéier besteet eng direkt Konkurrenz um Niveau vun der Fiscalitéit tëschent de Memberlänner. Dat huet als Konsequenz, datt géint d'Regele vum Marché intérieur verstouss gëtt.

D'Europäesch Kommissioun huet also 1989 eng éischt Proposition gemaach fir eng Quellesteuer vu 15%, déi fir all Résident vun der Communautéit gëlle sollt, mat der Méiglechkeet, d'Résidentë méi héich ze besteieren. Däitschland notament war net favorabel agestallt zu enger europäescher Quellesteuer. Lëtzebuerg huet vun deem Moment un eng Approche vertrat, déi net nëmme d'Zënsbesteuerung fir Privatpersounen virgesäit, Lëtzebuerg wollt an dës Iwwerleeungen eng allgemeng Steuerharmoniséierung aschleisen, déi och d'Besteuerung vun de Gesellschaften integréiert hätt.

1997, ënnert der europäescher Présidence, konnt een Accord ënnert deenen deemolege 15 Memberen fonnt ginn, deem e Package vun dräi Moosnamen fir d'Steuerkoordinatioun proposéiert: d'Assetze vun engem Code de conduite, wat d'Besteuerung vun den Entrepreneuren ubelaangt, dee sech erëmfënnt am Projet de loi 5231, deem d'Gesetz vum 31. Juli 1929 iwwert d'„holding company“ ofännert, eng Direktiv, déi d'Ausbezuale vun Zësen tëschent associéierte Gesellschaften an de Memberlänner virgesäit, an d'Direktiv iwwert d'Zënsbesteuerung.

Et ass selbstverständlech, datt et fir Lëtzebuerg net a Fro konnt komme verschidde vu senger Steueravantages opzeginn, ouni datt d'Spezifisitéite vun anere Memberlänner am Steuerberäich

géinge mat considéiert ginn. Mä och lounge et op der Hand, datt een Territoires associés vu verschidde Memberlänner wéi Groussbritannien an Holland, mä awer och vun Drëttlänner, an déiselwecht Iwwerleeungen huet misse aschleissen. Dee Risque vun enger Kapitalflucht an déi Länner als Konsequenz vun enger Steuerharmoniséierung war net vun der Hand ze weisen. Eng Kapitalflucht, déi sech och onweigerlech agestallt hätt an der Attraktivitéit vun eiser Bankeplaz geschuet hätt, wann een de Bestiewungen, fir de Lëtzebuerger Secret bancaire ze relativéieren, net Stand gehalen hätt.

1998 ass mat enger neier Proposition de directive de sou genannte Koexistenzmodell virgeschlo ginn, deene de Memberlänner de Choix gelooss hätt tëschent enger Quellesteuer, déi vun der Bank vum Bénéficiaire vun den Zësen agezu gi wier, an der Kommunikatioun vun den Zënserträg un d'Steueradministratioun vun deem Memberland, an deem de Bénéficiaire wunnnt.

D'Divergenzen, déi tëschent den eenzelne Memberlänner, wat d'Applicatioun vun esou enger Direktiv ubelaangt, a Lëtzebuerg, dat weiderhi verlaangt huet, datt d'Territoires associés an d'Drëttlänner mat ageschloss misse ginn, hunn de Modell awer ëmmer méi a Fro gestallt. Mat der Zäit ass den Drock fir en Échange d'informations anzeféieren, deen et de Steueradministratiounen erlaube géif, d'Steieren op Zësen, déi an engem anere Memberstat ufallen, anzezéien, ëmmer méi grouss ginn.

Mir mussen och wëssen, datt Lëtzebuerg mat den USA schonns säit dem Aféiere vum System vum „qualified intermediary“ en Informationsaustausch akzeptéiert huet, wat natierlech dozou bäigedroen huet, datt mer, wat den Informationsaustausch ubelaangt, op eis europäesch Partner hu misse zougoen.

Zu Feira am Juni 2000 ass also de Koexistenzmodell definitiv fale gelooss ginn a fir een allgemengen Informationsaustausch optéiert ginn. Et ass awer och deemools festgehale ginn, datt dräi Länner, dat heescht Lëtzebuerg, Eisträich an d'Belch, den Échange d'informations duerch eng Quellesteuer ersetze kéinten an en ugemiesse Deel vun deene Recetten an d'Länner vun de Bénéficiairen, déi d'Zësen kréien, iwwerwee misse. Ausserdeem sollte mat den Drëttstate Verhandlungen ugefaange ginn, fir dass déi ähnlech Dispositiounen géingen unhuelen. Hei huet déi fräier Ausseministesche Madame Polfer insistéiert, datt déi Konditioun vun de Verhandlungen mat Drëttstaten an d'Schlussdokument vu Feira géing ageschriwwen ginn.

Am Ecofin vum 26. a 27. November 2000 koum eng nei Proposition de directive op den Dësch. D'Unanimitéit konnt awer net um Niveau vum Conseil fonnt ginn, an deemools sinn et duerfir véier Hauptgrënn ginn:

- D'Schwäiz konnt sech eng Quellesteuer virstellen awer net den Échange d'informations;

- Amerika wollt iwwerhaupt näischt wëssen dovunner;

- déi britesch ofhängeg Territorien hunn net virugemaach;

- de Code de conduite iwwert d'Besteuerung vun de Gesellschaften, deem um Rapport Primarolo baséiert huet, huet geschleeft.

Den 21. Januar 2003 konnt dunn en Accord am Ecofin tëschent deenen deemolege 15 Memberstate fonnt ginn. Dësen Accord war awer nach ëmmer un d'Konditioun gebonnen, déi zu Feira festgehale gi war, nämlech dass d'Schwäiz, Liechtenstein, Andorra, Monaco, San Marino an Ameri-

ka equivalent Moosnamen an der Fiscalitéit vun den Erspuernësser géingen ëmsetzen.

Déi Drëttlänner, déi net op en Échange d'informations eriwuerwiessele wëilten, misste genau deeselwechten Taux a puncto Quellesteier uwende wéi Lëtzebuerg, Eisträich an d'Belsch. Déi Tauxë belafen sech jo no Akraafttriede vun der Direktiv op 15% fir déi dräi éischt Joren, 20% fir déi dräi folgend Joren an da vun deem Moment un op 35%. Eréischt wann de Conseil eestëmmeg géing feststellen, dass alleguerten d'Drëttlänner den Informationsaustausch géingen applizéieren, da géingen och Lëtzebuerg, Eisträich an d'Belsch op den Informationsaustausch iwwergoen. Bis op d'mannst den 1. Januar 2010 steet dëst allerdéngs net zur Debat.

Här President, verschidde Stëmmen hunn et awer fir besser fonnt, dat wat erreecht ginn ass, an dat wat allgemeng vun all den Acteuren op der Bankeplaz begréisst ginn ass, ze kritiséieren. Deen ach esou emsegen LSAP-Europadeputéierte Robert Goebbels huet am Dezember 2000 ganz opgereegt geschriwwen, ech zitieren: „Nach dem letzten Ecofin-Rat, wo Luxemburg in Sachen Quellensteuer und Bankgeheimnis definitiv umfiel, versuchten Juncker und Frieden der Öffentlichkeit weiszumachen, ihr Waterloo sei in Wirklichkeit ein Austerlitz gewesen, da sie der französischen Ratspräsidentschaft größere Konzessionen ‚abgetrotzt‘ hätten.“

D'Zitat geet viru mat enger Klammer vum Här Goebbels: „Der Dritte am Brüsseler Ratstisch, Wirtschaftsminister Grethen, hielt sich vornehm zurück.“ Dat heescht jo implizit, well den Här Grethen net weider Gedäisch ëm deen erziilten Accord gemaach huet, dass en net solidaresch mat sengen anere Regierungskolleege gewiescht wär an deem doten Dossier.

Mä den Här Krecké hat an deem Kontext och schonn eppes net richtig verstanen.

(Interruption)

Vläicht weess en et haut besser, besonnesch nodeems en eng Rei vu Méint an der Regierung ass, an dat och nach während der EU-Présidence vu Lëtzebuerg. Den Här Krecké huet sech an enger Froestonn iwwert den Accord am November 2000 zu Bréissel gefrot, firwat den Här Grethen zu engem bestëmmten Zäitpunkt zu der Press gesot huet, an der Lëtzeburger Koalitioun géing nach keen Accord bestoen.

Den Här Juncker huet deemools hei op dëser Plaz dozou gesot, ech zitieren nach eng kéier: „Déi Äusserung vum Wirtschaftsminister, et géif nach kee Lëtzeburger Accord ginn, déi war richtig an ass net geschitt ouni dass ech et net gewosst hätt, dass et elo gutt wier, dass e lëtzeburgeresche Minister dat géif zu engem bestëmmten Moment deenen anere Kolleege am Conseil an och virun der internationaler Press soen.“

Dat war also en Team, deen do deemools zu Bréissel opgetrueden ass, an deen dee beschte méiglechen Accord fir Lëtzebuerg erausgeschloen huet. An do ass eng Strategie gefuer ginn, wéi den Här Juncker och hei confirméiert huet.

Ech wëll och dem Här Goebbels soen, vläicht héiert e mech, dass mir no vir kucken an net zrëck, an dass mir der Meenung sinn, dass een international Finanzpolitik net eleng a sengem eegene Virgäertche ka maachen.

Am Dezember 2000 huet den Här Goebbels nach geschriwwen: „Im Gegensatz zu einem Staatsminister Jacques Santer, dessen CSV-LSAP-Regierung einem früheren Vorstoß zur Aushebelung des

Bankgeheimnisses allein gegen elf Staaten trotzte, hat die heutige luxemburgische Regierung nicht den Mut, nationale Interessen mit der gleichen Konsequenz zu vertreten wie alle anderen Staaten.“ Mir sinn op jidde Fall frou feststellen, dass d'Sozialisten dësen interne Konflikt - also nach en interne Konflikt, mir hu jo haut schonn iwwer anerer geschwat - esou berengegt hunn, dass se haut dëser Regelung hoffentlech wäerten zoustëmmen.

Här President, wa mer iwwer Zënsbesteuerung a Quellesteier schwätzen, da vergiesse mer allze oft d'Fongenindustrie an déi Importenz, déi se fir d'Lëtzeburger Bankeplaz huet, a besonnesch dat wat mer fir déi Branche hei zu Lëtzebuerg erreecht hunn.

Un éischer Stell ass do ze ënnersträichen, dass een Drëttel vun alle Fongen, déi mer hei zu Lëtzebuerg hunn, net an den Uwendungsberäich vun der Direktiv falen. Och ass ervirzeesträichen, dass bei deene sou genannte gemëschte Fonge just d'Obligatioun beträff sinn, well déi Zënsen ausschëdden, d'Aktie sinn net beträff, well se bekanntlech Dividenden ausschëdden.

Déi gemëschte Fongen, an domadder déi Revenuen, déi aus Obligatioun kommen, falen ënner d'Direktiv wa 40% vum Kapital an Obligatiounen investéiert sinn, an 2011 soll jo déi Barrière do, déi Barre do op 25% erofgoen. Och aner Fongen, siefen dat Immobilien, Assurancen oder Pensiounen, falen net ënner den Uwendungsberäich vun dëser Direktiv.

Et ass och ze bemierken, dass 25% vun de Steieren, déi op Zënserträg agezu ginn, am Land vun der Bank vum Bénéficiaire vun den Zënse bleiwen, an déi aner 75% an d'Land ginn, wou de Bénéficiaire wunnt. Ech wëll och op dëser Plaz nach eng kéier widderhuelen, dass et an deem Kontext unabdingbar ass, eis Steierverwaltung „en hommes et moyens“ opzerüsten, fir deem Surplus u Prozeduren an un Aarbecht, deen an deenen nächste Jore wäert op se duerkommen, kënnen gerecht ze ginn.

Ech wëll dann och op dëser Plaz drop opmierksam maachen, dass mer e Bréif vun der European Banking Federation a vun der European Fund and Asset Management Association virläit, deen un d'Présidence vun der Europäescher Unioun gericht war. Dat Mannst wat ee ka soen, dat ass, dass Onrou an der Bankewelt hei zu Lëtzebuerg an a ganz Europa herrscht.

An deem Schreiwes gëtt ervirgehuwen, dass eng ganz Rei vun technesche Froe wat d'Applikatioun vun där Direktiv betrëfft, déi mer haut an nationaalt Recht ëmsetzen, nach guer net gekläert sinn. Do geet et zum Beispill dorëms, wéi ee Clienten identifizéiert, wéi een eng standardiséiert Zertifizéierung freet, wéi een Net-EU-Fongen traitéiert. Et kéint een déi Lëscht ouni weideres viruféieren. Ech héieren och, dass nach keng Koordinatioun tëschent deenen eenzelne Steierverwaltungen besteet am Fall wou e Client sech géing fir den Échange d'informations entscheiden.

Dee Bréif, deen ech elo just zitéiert hunn, werft och de Problem op, dass verschidden Drëttstaten an och Territoires associés bei deenen Accorden, déi agaange gi si fir equivalent Mesuren anzeféieren, och a Verzicht si mat hirer Ëmsetzung. A virdrun hunn ech d'USA ugeschwat, déi näischt vu Verhandlung wësse wëllt. Wéi ass et dann domadder? Riskéieren déi europäesch Länner um Enn net vis-à-vis vun Amerika en Attraktivitéitsverloscht ze erliden?

A mir hu jo scho vu menge Virriedner an och virdrun héieren, dass

momentan nach iwwer esou Froen an ähnlech Froen am Ecofin-Conseil diskutéiert gëtt. Et bleift also nach esou munches ze maachen, ëmzesetzen an och ze decidéieren, wéi mer konkret an der Ëmsetzung vun dëser Direktiv, och wa mer dat Gesetz haut hei stëmmen, déi nächst Méint weiderfueren. An och déi Diskussioun wäerte vu grousser Bedeitung fir eis Bankeplaz sinn.

Dir gesitt, Här President, do sinn nach eng ganz Rei vu Froen ze klären. Dat wëllt awer net heeschen, dass d'DP net zu dëser Direktiv, déi mat hir an der Regierung ausgehandelt ginn ass, steet. Mir sinn awer der Meenung, dass vun alle Säiten d'Konditiounen réellement sollten erfüllt ginn. Mir wënschen eis, dass dat esou schnell wéi méiglech geschitt.

Mat dëser Direktiv ass Kloerheet geschafe ginn. Eis Bankeplaz weess wat a terme op se duerkënnt, an déi aner Finanzplazen an Europa d'ailleurs och. Mä fir dass dat alles esou klappt, wéi mer eis dat virstellen, muss awer elo nach eng Schëpp nogeluecht ginn, fir all Froen aus dem Wee kënnen ze schafen.

Bis mindestens 2010 eng Quellesteier, an dann, an nëmmen dann, wann all Territoiren op se associéiert oder dépendant sinn an all Drëttlänner d'accord si mam Informationsaustausch, a wann de Conseil eestëmmeg dem Informationsaustausch zougestëmmt huet, musse Lëtzebuerg, Eisträich an d'Belsch dat och ëmsetzen. Duerfir hale mer elo nach eng kéier fest: D'Bankeplaz huet Zäit genuch, Zäit, sech op déi Eventualitéit anzustellen, a si mécht dat jo och.

D'Fongenindustrie ass ofgeséchert. Nach ass et awer esou, dass mir gefuerdert sinn, fir der Bankeplaz d'Moyenen ze gi fir nei Produkter ze entwëckelen. Och dofir hat d'DP an hirem Wahlprogramm fir den 13. Juni 2004 proposéiert, eng Retenue à la source libérateur vum 10% op d'Revenuen aus den Erspuernësser vu Privatpersounen, déi zu Lëtzebuerg wunnen, anzeféieren, a gläichzäitig d'Vermögenssteuer ofzeschaffen.

Och wann den Här Fayot nach an de leschte Budgetsdebatten ee Problem domadder hat a vun enger fragwürdiger Nischepolitik geschwat huet, déi Lëtzebuerg zu engem zweete Monaco ëmfonctionnéiere géing, esou kënnt den Här Fayot awer net derlaanscht, dass déi Proposition vum der DP och Agang an de Koalitiounsaccord vun der CSV-LSAP-Regierung fonnt huet.

Mä wann den Här Fayot a seng Partei domadder e Problem hunn, da kann een nëmmen de Stats- a Finanzminister an och de Budgetminister encouragéieren, schnellstméiglech trotzdeem e Gesetz op den Instanzewee ze bréngen, hei an der Chamber ze déposéieren, an ech si fest dovunner iwwerzeegt, an op jidde Fall meng Fraktioun wäert dozou bäidroen, dass och esou e Projet hei trotz de Kritike vun eenzelnen LSAP-Memberen eng Majoritéit wäert kréien. Fir dat nach eng kéier ze ënnersträichen, wëlle mer eng deementspreechend Motioun areecheen.

Motion 2

La Chambre des Députés,

- *approuvant la transposition de la directive 2003/48/CE du 3 juin 2003 du Conseil de l'Union européenne en matière de fiscalité des revenus de l'épargne sous forme de paiements d'intérêts;*

- *notant les vives inquiétudes des acteurs de la place financière s'interrogeant sur la mise en œuvre*

appropriée de ladite directive étant donné que de nombreuses questions pratiques ne semblent pas encore être réglées;

- *soulignant l'importance de notre place financière en tant que pilier important de notre économie;*

- *considérant qu'il est nécessaire de continuer à prendre des mesures assurant la compétitivité et l'attractivité de notre économie en général et de notre place financière en particulier;*

- *vu la déclaration gouvernementale du 4 août 2004 retenant que «le Gouvernement, dans un souci de rendre notre régime d'imposition de revenus de capitaux plus efficient et socialement plus équilibré, introduira une retenue à la source libératoire en matière de revenus de capitaux. L'introduction et les effets attendus d'une telle retenue appellent également la suppression de l'impôt sur la fortune des personnes physiques»;*

invite le Gouvernement

- *à prendre dans les meilleurs délais les dispositions nécessaires, en concertation étroite avec tous les acteurs de la place financière, afin de garantir l'application adéquate de la directive 2003/48/CE du 3 juin 2003 du Conseil de l'Union européenne en matière de fiscalité des revenus de l'épargne sous forme de paiements d'intérêts;*

- *à déposer sans tarder un projet de loi prévoyant l'introduction d'une retenue à la source libératoire de 10% sur les revenus de l'épargne des personnes résidentes au Luxembourg ainsi que la suppression de l'impôt sur la fortune.*

(s.) Claude Meisch.

Här President, et bleift mer just ofschléissend nach eng kéier déi Feststellung festzehalen, déi ech schonn am Agang gemaach hunn: Déi viereg Regierung huet fir Lëtzebuerg mat sengen europäesche Partner eng Léisung fonnt, déi gerecht ass fir eist Land. D'Finanzplaz weess, wéi se an deem neie Kontext agéiere soll. E schwierigen europäeschen Dossier, an ee fir eist Land eminent wichtigen Dossier, huet e gutt Enn fonnt. Dat soll eis awer elo net dovunner ofhalen, eis Bankeplaz an domadder e wichtige Pilier vun eiser nationaler Ekonomie tatkräfteg ze ënnerstëtzen. Ech mengen, Dir hutt et alleguerten eraushéieren, d'Demokratesch Partei wäert dësem Projet de loi hir ganz Zoustëmmung ginn.

Ech soen lech Merci fir d'Nolautschteren.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. le Président.** - Ech wëll drop hiweisen, Här Meisch, datt Är Motioun nëmmen eng Ënnerschrëft huet.

(Interruptions)

■ **M. Claude Meisch (DP).** - Wa Kolleege vun anere Fraktiounen dat net wëlle mat ënnerschréiwen, da wäerten...

■ **Une voix.** - Dir kënnt jo mam gudde Beispill virgoen!

■ **M. le Président.** - En attendant ginn ech d'Motioun weder un de Greffe. Als nächste Riedner ass den Här Fayot ageschriwwen.

■ **M. Ben Fayot (LSAP).** - Här President, léif Kollegeinnen a léif Kolleege, Här Minister, d'Fiscalitéit ass ee vun deene Gebidder, bei deenen d'Länner an der Europäescher Unioun am meeschten op hir Souveränitéit pochen an och an der Vergaangenheet ëmmer gepocht hunn. Dat erkläert firwat dass an där neier Verfassung wéi och an deenen augenblicklichen Verträge vun der Europäescher Unioun alles, wat domadder ze dinn huet, weider ëmmer mat Eestëmmegkeet decidéiert

gëtt. Domadder erhoffen d'Memberlänner sech an hu sech an der Vergaangenheet och ëmmer erhofft, dass se sech weider laanscht europäesch Léisunge kënnen drécken an hir Eegenheet esou laang wéi méiglech op deem Gebitt kënnen erhalen.

D'Erfahrung grad mat der Fro, déi ons de Mëtteg haut hei beschäftegt, weist awer, dass déi Eestëmmegkeet am Vertrag net verhënnert, dass de politeschen Drock esou grouss gëtt, an esou grouss ka ginn, dass schlussendlech awer eng Léisung erauskënnt. An et ass schonn ugedeit ginn an ugeklongen hei, dass d'Ministren, déi successiv Ministeren, déi domat ze dinn haten um Steuerplang, gradewéi och hir Fonctionnaire besonnesch e Liddchen dovunner sange kënnen.

An da kënnt eng Léisung eraus no all deene Jore vun Drock, déi net ëmmer optimal ass an déi vläicht besser gi wär, wann een se éischer zesumme geholl hätt. An dat Beispill vun der Fiscalité de l'épargne, déi „never-ending story“ do, ass sécher e Léierbeispill fir déi Constatatioun. Et ass d'Geschicht jo vum Op- a vum Ausbau vun engem Wirtschaftsraum ouni Grenzen. An an deem Wirtschaftsraum ouni Grenzen hunn natierlech all Memberlänner de Wonsch hire Betriber, hiren Initiativen an deem Raum déi gréisstméiglech Chancen ze ginn.

Op där anerer Säit huet sech awer gewisen, dass doduerch wuel e Land seng Eegestännegkeet kann halen an och säi Wuelstand ausbaue kann, mä et weist sech och, datt esou e Wirtschaftsraum net ouni grenziwwergräifend, also national grenziwwergräifend Regeln um sozialen, ekologeschen an natierlech och steierleche Plang bestoe kann.

Méi konkret kann ee wuel eng Steierkonkurrenz an deem Wirtschaftsraum als eppes wirtschaftlech Verständneges gesinn. Ech hunn eigentlech och kee Problem domat. Et muss een awer och gesinn, dass dës Steierkonkurrenz hir Avantagen an hir Désavantagen huet. D'Avantage bestänt natierlech doranner, dass e Land duerch méi niddereg oder och keng Steieren Investissementer, Betriber a Kapital aus anere Länner unzéie kann.

D'Steierkonkurrenz kann awer och dozou féieren, dass den nationale Budgeten op eemol d'Loft ausgeet. D'Chargé vun de Länner huelen net of, si huelen éischer zou. Dat huet natierlech mat de Sozialausgaben ze dinn, mat dem Wonsch vun de Bierger no gudden öffentlichen Infrastrukturen, no gudden öffentleche Schoulen, no Kultur an no Schutz vun der Ëmwelt, géint de Raubbau un natierleche Ressourcen.

Dofir mécht de Steierdumping ëmmer méi Länner Suergen, a mat allem Respekt fir den Notze vun der Steierkonkurrenz muss all Land drop beduecht sinn, seng finanziell Mëttelen ze erhalen. Mir hunn dat ausgiebeg bei de leschte Budgetsdebatten diskutéiert, an och Lëtzebuerg ka sech net méi egal wat fir Steiermesurë leeschten, fir iwwert d'Ronnen ze kommen.

An engem Europa ouni gewësse steierlech Regeln, zum Beispill fir d'Kapitalertrëg, ass all Land bis elo ëmmer e Steierparadies fir Net-Awunner vun deem Land gewiescht. Dat huet natierlech Lëtzebuerg voll ausgespillt, well Lëtzebuerg eben eng ganz florissant Steierplaz war a well et eng vun den Haaptaktivitéiten och vu Lëtzebuerg war, mä dat war net manner wouer fir all aner Land vun der Europäescher Unioun, well all anert Land vun der Europäescher Unioun hat natierlech déiselwecht Avantagé fir net Résidenten, déi bei hinne Suen elo investéiert respektiv déposéiert hunn.

Dofir hunn och vill aner Memberlänner an der Europäescher Unioun vun esou engem Steieravantage profitéiert, fir hir eege Finanzplaz opzebauen. Mir gesinn dat jo och dorunner, dass niewent Lëtzebuerg och d'Belsch zum Beispill mat hirem Centre de coordination an Éisträich mat senge Strukturen op esou e Wee gaange sinn.

Ech muss och soen, dass natierlech d'Lëtzeburger Finanzplaz op eng intelligent Manéier de Private banking entwéckelt huet an och aner Mëttelen natierlech entwéckelt huet, fir eben déi blühend Finanzplaz, déi mer hunn an déi mer alleguerte weider wëllen erhalen, opzebauen.

Wéi onse Rapporteur a sengem ganz gudder mëndlechen a schrëftleche Rapport duergeluecht huet, sinn d'Beméiunge gewëss europäesch Regelunge fir d'Kapitalerträg anzeféieren 1989 ugaangen - ech kommen net méi dorobber zrëck - mam Projet de directive vun der deemoleger Kommissärin Madame Scrivener a sinn also och virugaangen an deene Joren dono.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Zwëschen 1989 an 1997 huet deen Drock awer sech opgebaut, an d'Lëtzeburger Présidence huet dunn am Dezember 1997 op Grond ebe vun deem allgemengen Drock an der Europäescher Unioun e Steierpak am Conseil Ecofin duerchbruecht, dee jo bekanntlech op dräi Pfeiler berout huet:

Éischte Pilier, e Code de conduite fir d'Steiere vun de Betriber, also keng gesetzlech Moosnam, mä eng volontaire Aschränkung vun de Memberlänner - an dofir gouf dann dee sou genannte Primarolo-Grupp ageruff, fir alles wat mat Betriebssteieren a Steiererlichterungen an deem Zusammenhang zesummenhänkt, duerchzeforschten. Dobäi sinn dann nach fir all Land eng Partie Praktiken épingléiert ginn, déi doropshin an den nationale Législatiounen geännert hu musse ginn.

Zweete Pilier ass déi Direktiv, déi mer haut iwwert d'Fiscalitéit vun de Kapitalerträg ze traitéieren hunn.

Drëttens ass et eng Direktiv iwwert d'Bezuele vun Zënsen an Abgaben ënnert associéierte Gesellschaften.

Ech wëll hei net d'Geschicht vun där Direktiv an dee ganze Werdegang duerleeën - dat ass schonn de Mëtteg gemaach ginn. Et kann een awer op een Aspekt hiweisen, dee fir Lëtzebuerg wichteg ass. Lëtzebuerg ass nämlech duerch seng Klengheet an duerch dee relative Monolithismus vu senger Wirtschaftsstruktur besonnesch ufälleg fir Schwankungen an engem Wirtschaftssektor. Dofir hunn déi successiv Regierungen natierlech eng besonnesch Suerg fir d'Interesse vun der Finanzplaz gehat.

Deemools ass jo dann och, besonnesch 1997 an duerno, de Joint vu Lëtzebuerg gemaach ginn zwëschent de Länner vun der Europäescher Unioun an deene Länner ronderëm d'Europäesch Unioun: d'Kanalinselen, d'Schwäiz, Liechtenstein, Andorra, Monaco, San Marino. Dat heescht, dass Lëtzebuerg sech géint d'Konkurrenz vu Gebidder wiere wollt, an nach haut wiert, déi net Member vun der Europäescher Unioun sinn, an doduerch keng Regelunge vun deem Wirtschaftsraum unhuelen, respektiv net un esou Regelunge gebonne sinn.

Et muss een natierlech déi Affirmatioun do relativéieren, well déi meescht vun deene Länner wéi och d'Schwäiz oder wéi aner Territoiren, déi ech elo genannt hunn, si wirtschaftlech an institutionell un d'Europäesch Unioun gebonnen a kënnen sech net egal wat leeschten.

Et héiert ee jo heiansdo zu Lëtzebuerg, dass Lëtzebuerg vläicht besser dru wär, wann et esou wär wéi d'Schwäiz, wann et ausserhalb vun der Europäescher Unioun wär, an da kënn et maaichen op deem Plang, wat et wëllt. Ech mengen awer, dass dës Erfahrung mat där Direktiv iwwert d'Fiscalitéit vun de Kapitalerträg weist, dass et och an Europa kee wëlle Liberalismus gëtt, an dass et e Kompromiss muss ginn zwëschent dem Maart an der liberaler Wirtschaft engersäits an nationale Besoinen a Regeln anerersäits. Op jiddfer Fall um europäesche Kontinent muss et esou eng Gouvernance ginn.

Et ass och ze bedauern, dass dat mat den USA net ze erreechen ass; dass et do net méiglech ass, och esou Gesamtregelen anzeféieren, fir eben d'Steierlech Substanz vun de Länner ze erhalen an op déi Manéier awer eng méi rai-sonnéiert Konkurrenz, och Steuerkonkurrenz ze kréien. Ech mengen, d'USA kënnen sech mat hirer wirtschaftlecher Power e Risedrock erlaben. Se kënnen sech alles erlaben. Et ass natierlech bedauerlech, dass mer op deem Plang ausser deem bilateralen Agreement, deen do komm ass, de Qualified Intermediary Agreement, do näischt anescht ers méiglech ass.

Et ass schonn hei gesot ginn, dass den Duerchbroch fir de virleienden Text vu Feira am Juni 2000 komm ass. Deemools ass jo dann de Koexistenzmodell, op dee mer ëmmer gesat hunn, fale gelooss ginn an ass ersat ginn duerch den allgemengen Informationsaustausch, an - wéi den Här Mosar hei richteg gesot huet - am Fong geholl duerch den Ufank vum Enn vum Bankgeheimnis an Europa.

Den Artikel 1 vun der Direktiv, déi mer hei transposéieren, gëtt jo dann d'Zil och un, dat heescht, dass Spuererträg, déi an engem Memberstat un e Résident aus engem anere Land ausbezuelt ginn, an deem sengem Heemechtsland effektiv besteiert musse ginn. Dat ass de Prinzip, dat ass den Hauptobjekt vun dëser Direktiv.

D'Ausnahm fir Lëtzebuerg steet effektiv an engem Kapitel, deen e Chapitre transitoire ass. Dat heescht den Iwwergangskapitel, wat bis 2012 soll daueren, wourënner da Lëtzebuerg, Éisträich an d'Belsch och falen, déi also eng Retenue à la source, eng Quellesteuer virhuele kënnen an dofir dann och keng Informatiounen brauchen ze ginn - dat heescht d'Bankgeheimnis kënnen bis dann halen.

Dat ass natierlech fir ons Banken hei op der Finanzplaz weider eng Tromp an der Konkurrenz mat deenen anere Länner, déi esou e Bankgeheimnis net hunn. Wann ee kuckt, wat elo an Däitschland vir sech geet, wou jo dann och méi Informatiounen vun de Banken iwwert d'Dépositairë sollen un de Stat kommen, dann ass dat sécher erëm e Schub fir Lëtzebuerg fir weider Suen aus esou Länner op seng Bankeplaz ze kréien.

Et ass also scho richteg, dass bis 2012 elo eng gewësse Sécherheet besteet an dass dann och doduerch e Konkurrenzvirdeel fir d'Lëtzeburger Finanzplaz erhalte bleift.

Ech sinn awer och mat deene Virriedner, mam Här Thiel an och mam Här Mosar d'accord, dass mer net derlaanscht kommen, oder d'Bankeplaz, d'Finanzplaz net derlaanscht kënn sech no neie Produiten ëmzesichen, Recherchen ze maachen. Ech hoffen och, wéi den Här Thiel, dass déi School of Finance, déi elo an der Uni integréiert ass, wierklech un d'Lafe kënn, dass déi effikass ka schaffen a Recherchë maachen. Fir den Abléck schéngt dat jo e bësse méi schwierig nach ze sinn. Jidderee wënscht sech, dass dat e Succès gëtt an dass do-

duerch och fir d'Finanzplaz méi Kompetenz erauskënn, dass mer also eng héichqualifizéiert Finanzplaz kréien.

Ech wollt just nach och op dee Courrier vun der Bankefederation hiweisen. Den Här Minister Frieden ass jo elo ukomm a kann ons sécher iwwert déi Befierchtungen, déi an deem Brëif vun der europäescher Bankefederation drastinn, Oplärung ginn. Et gesäit aus, wéi wann eng ganz Partie Problemer nach, wat d'Transpositioun vun deene Mesuren an Drëttlänner ugeet, géife bestoen.

Et ass sécher och wichteg, dass déi Transpositioun, déi mer elo huelen, an déi Akraaftriedung vun der Direktiv stattfënn, an engem Abléck, wou e „level playing field“ op allen Niveauen, esouwuel an der Europäescher Unioun wéi och an Drëttlänner, zustane komm ass. Dat steet jo och an der Motioun, déi mir hei mat ënnerstëtzt hunn.

Ech wëll nach just zum Schluss soen, dass mer an der Optik, déi ech iwwert d'Steierpolitik an Europa gesot hunn, sécher och nach an Zukunft wäerten iwwer eng gewësse Gouvernance um Plang vun de Betriebssteieren an Europa schwätzen. Do si sécher och Lëtzeburger Betriber, déi interesséiert dru sinn, dass do de Steierdumping net kann iwwerhand huelen, well se doduerch keng Chance méi an der Konkurrenz an Europa hunn. Dat ass dat, wat mer kënnen hei ënnersträichen.

Mir hoffen, dass och um europäesche Plang, vläicht net ënnert der Lëtzeburger Présidence, mä dann ënnert deene kommenden - wat natierlech d'englesch Présidence ugeet, do hunn ech meng Zweiwelen - an deenen nächste Méint a Joren op deem Plang eppes weider geschitt.

Dat gesot an ouni mech weider wëllen an déi technesch Detailer ze beginn, wëll ech hei awer den Accord vu menger Fraktioun fir d'Transpositioun vun der Direktiv iwwert d'Fiscalité de l'épargne bréngen.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix. - Très bien!

M. le Président. - Merci, Här Fayot. Als nächste Riedner ass den honorabelen Här François Bausch agedroen. Här Bausch, Dir hutt d'Wuert.

M. François Bausch (DÉ GRÉNG). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll och net op déi ganz Technicité agoe vum Projet, well de Rapporteur dat ganz gutt gemaach huet, an d'autant plus wou mer als gréng Fraktioun dee Projet hei wäerte matstëmmen an och kee Problem domadder hunn.

Dofir wäert ech awer dovunner profitéiere fir eng Rei méi prinzipiell Saachen ze soen zur Steierpolitik insgesamt an Europa an awer och haaptsächlech am Zusammenhang mat der Besteuerung vum Kapital.

Ech mengen, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir sinn als Gréng der Meenung, dass, jee nodeem wéi d'Steierpolitik ausgeriicht ass vun enger Regierung oder vun engem Stat, een eigentlech och d'Ausrichtung vun deem Stat erkennt als solches.

Et gesäit een zum Beispill ganz gutt, jee nodeem wéi d'Verhältnis ass tëschent den direkten an den indirekte Steieren, jee nodeem wéi d'Verhältnis ass vun der Besteuerung vun Aarbecht par rapport zu Kapital oder souguer a leschter Zäit kënn een nach derbäisoen, dat Verhältnis ass an deem Kontext och zur Besteuerung vum Ver-

brauch vun den natierleche Ressourcen, deen Aspekt, deen ereischt an den 90er Joren derbäikomm ass, wéi ee Stat sech ausriicht, wéi en zur Sozialpolitik steet, wéi en zur Ëmweltpolitik steet, wéi en d'Gesellschaft insgesamt gesäit.

Et ass och evident, dass dat sech un der Steierpolitik festmécht, well d'Steiere bei wäitem déi Haaptrecettë si vun engem Stat a sech och dofir ronderëm d'Steieren de ganze politesche Spillraum fir e Stat respektiv eng Regierung oder eng parlamentaresch Majoritéit oder e Parlament als solches dréit.

Et ass dofir net erstaunlech, dass natierlech am Kontext vun der Zënsbesteuerung, am Kontext vun deene Virwërf, déi ëmmer gemaach gi sinn u Lëtzebuerg an deem Beräich, dass natierlech den Zesammenhang ganz kloer war tëschent deem Aspekt an deem eischten, wou ech elo gesot hunn, well dat natierlech fir grouss Länner, déi ronderëm eis sinn, Problemer geschafen huet, se ageschränkt huet an hirem politesche Spillraum, duerch de Fait, dass mer et hei mat Évasion fiscale ze dinn haten - dat muss een esou soe wéi et ass -, déi am Zusammenhang stoung mat der net Besteuerung vun Zënserträg, zum Beispill op der Finanzplaz Lëtzebuerg.

Ech wëll dat awer och gradesou däitlech am Ufank soen, well an der Diskussioun an deene leschte 15, 20 Joer, wa mam Fanger op Lëtzebuerg gewise ginn ass, och ëmmer vill Saache matenee vermëscht gi sinn. Et ass zum Beispill des Öftere vermëscht ginn deen Aspekt vum schmotzege Geld, wéi een esou schéi seet op Lëtzebuergesch, dem Argent sale, mat dem Aspekt vun der Steuerflucht, vun der Évasion fiscale.

D'Finanzplaz Lëtzebuerg, de Lëtzeburger Stat huet immens vill Effortë gemaach, bei wäitem méi wéi vill aner Länner, fir zum Beispill dofir ze suergen, dass d'Finanzplaz „propper“ ass, dass mer hei kee schmotzegt Geld stoen hunn. Dat heescht Geld zum Beispill, wat aus Drogeverkauf oder soss anere ganz komische Geschäfte kënn, déi mer jo kennen, vun deene mer wëssen, dass et se gëtt an dass och vill Milliounen Geld domadder verdéngt gëtt.

Mä et ass awer relativ kloer, dass déi Vermësungen do och bewosst gemaach gi sinn, well wann iwwert dat Thema Steuerflucht diskutéiert ginn ass vun deene Länner an der Europäescher Unioun, haaptsächlech natierlech vun deene 15 Länner aus där aler Europäescher Unioun, déi am meeschten ëmmer do insistéiert drop hunn - Däitschland vläicht emol à part -, well se domadder och am beschte konnte Lëtzebuerg ënner Drock setzen an dovunner oflenken, dass si eigentlech selwer keng immens propper Situation hunn, wat d'Steierflucht als solches ubelaangt.

Et brauch een nëmmen ze kucke wéi vill eenzel Territoiren, där sou genannter Drëttterritoiren Holland, England, oder och Frankräich sech souguer mat Monaco, gelescht hunn, da wësse mer alleguerten, dass do deelweis eng ganz hypokritesch Diskussioun gefouert ginn ass an deene leschte Joren, wa mam Fanger op Lëtzebuerg gewise ginn ass.

Här President, et ass fir eis als Gréng gradesou däitlech, an dat wëll ech awer och soen, dass mer eis net sollen der Illusioun higin, dass mat deem, wat mer haut hei ofstëmmen, an natierlech sous condition dass dat, wat an der Motioun herno hei verlaangt gëtt, och herno applizéiert gëtt, wat jo d'Voraussetzung dofir ass, dass och dat Gesetz hei eng Kéier fir eis géng a Kraaft trienden - an dofir wäerte mer déi Motioun hei vun der Majoritéitspartei herno stëmmen -, dass mer dann net à l'abri si vun all méiglechen Diskussiounen

ronderëm d'Besteuerung vum Kapital insgesamt.

Well, ech menge mir musse wëssen, mir liewen haut an enger globaliséierter Welt an an där globaliséierter Welt ass et relativ kloer, dass virun allem déi enorm Kapitalmassen, déi de Moment zur Verfügung sti weltwäit, dass do ëmmer erëm zu Recht nei Diskussiounen opkommen, wéi een dat Kapital misst insgesamt besteieren, fir eng besser weltwäit Verdeelungsgerechtgheet ze kréie vum erschaffene Räichtum.

Dir wësst, dass mer grouss Diskussiounen op internationalem Niveau hunn, fir den FMI ze reforméieren, fir iwwerhaupt d'Institutionen vu Bretton Woods ze reforméieren, an ech sinn och zimlech sécher, wann een d'Situatioun an d'Evolution kuckt op Weltniveau de Moment, haaptsächlech och den Abroch vun de Steierrecetten a ville grouss Länner weltwäit, dass mer wäerten um Niveau vun der OECD eng Diskussioun kréien, fir en elementaresche Kader ze setzen, fir weltwäit d'Steierflucht besser kënnen ze bekämpfen. A wéi gesot, mir fannen och als Gréng eigentlech, dass dat net méi wéi berechtigt ass.

Natierlech sous condition dass och e reglementaresche Kader op OECD-Niveau geschafe gëtt, dass och keng Schlupflächer fir kee méi kënnen iwwer bleiwen, dass eigentlech net déi eng musse verschidde Lächer zoustoppen, fir dass anerer kënnen der opmaachen oder ophalen.

An ech mengen dass ass natierlech och déi heikelst Diskussioun, an da kommen ech zrëck op de Projet vun haut, déi mer eigentlech vun Ufank un haten am Kader vun der Zënsbesteuerung an der Europäescher Unioun. Mir hunn als Gréng zënter dem Ufank vun den 90er Joren ëmmer d'Meenung vertrat, dass et net gerecht wier, dass et iergendee Land an der Europäescher Unioun gëtt, och net Lëtzebuerg, wou et keng Zënsbesteuerung géng ginn. Mir hunn awer ëmmer gläichzäiteg gesot, dass natierlech, wa mer am Kader vun der Europäescher Unioun eng Regelung fannen, da kann et nëmmen eng si wéi déi, déi mer eigentlech och elo um Dësch hunn, dat heescht déi net nëmme fir Lëtzebuerg gëllt, mä fir all d'EU-State souwisou, mä och fir all d'Drëttstaaten, déi an iergendengem Sënn mat der Europäescher Unioun ze dinn hunn.

Mir hunn awer och ëmmer gemengt, dass fir Lëtzebuerg eng Kéier den Dag kéim, wou ee sech misst eng Strategie ginn, déi géng drop erauslafen, dass mer do dee Problem an deem Sënn léisen, wéi mer en elo amgang sinn ze léisen, dass heescht dass mer zur Zënsbesteuerung kommen, awer mat engem gréisstméiglechen Zäitraum fir Lëtzebuerg, fir kënnen d'Bankeplaz Lëtzebuerg esou ëmstellen, dass mer kee gréissere Schued erliden.

Well ech mengen et ass relativ kloer, wann een eng kleng Ekonomie wéi Lëtzebuerg hält a wann een dann d'Bedeutung vun där Finanzplaz fir déi kleng Ekonomie vu Lëtzebuerg do kuckt, dann ass et evident, et wier fatal gewiescht wann een do fréizäiteg all méiglechem Drock noginn hätt op europäeschem Niveau, fir einfach esou zu där Zënsbesteuerung do iwwerzegoen, esou wéi dat an der Zäit och nach verlaangt ginn ass.

Eng ganz Rei Gesetzer, déi mer och geholl hunn an deene leschten zéng Joer, an dat kann een nëmme begrëissen, dass deen Zäitraum genotzt ginn ass, fir dofir ze suergen, dass eigentlech déi Bankeplaz sech konnt ëmstellen, dass mer eben eng Diversifizierung kruten am breedeste Sënn vun der Produktpalette, déi op der Finanzplaz Lëtzebuerg kann ugebuede ginn. Duerfir hu mer onzähleg Gesetzer an deene leschten zéng Jore gestëmmt an déi gréng

Fraktioun huet déi och alleguerte matgedroen, well mer der Meenung waren, datt dat de richtige Wee wär fir deen Zäitgewënn, dee mer jo erausgeschloen hunn, iwwert dee Wee kënnen ze notzen, fir d'Finanzplaz kënnen ofzesécheren.

Ech wëll awer dann direkt soen, datt déi Motioun 2, déi vum Här Meisch déposéiert ginn ass, net eis Zoustëmmung fënnt, well mer der Meenung sinn, datt dat, wat am zweeten Tiret verlaangt gëtt an der Motioun, fir eis net eng Erweiderung vun der Produktpalette ass oder vun de Méiglechkeete vun der Produktpalette vun der Finanzplaz, mä dat ass einfach eng Erfetzung vun enger Steuer, respektiv eng Ofschafung vun enger Steuer, an domadder eleng huet een nach net eng nei Produktpalette op der Finanzplaz.

(M. Laurent Mosar prend la Présidence)

Ech wëll drop hiweisen, datt déi meescht Gesetzter, déi mer déi lescht zéng Joer hei gestëmmt hunn, wou och fiskal Elementer oft dra waren, meeschtens am direkten Zesammenhank a Relatioun stoung mat neie Produkter, déi d'Finanzplaz wollt „ugebaut“ kréien. Ech huelen nëmmen ee Beispill eraus, ee wichtegt, dat sinn d'Pensiounsfonten an alles wat mer do gemaach hunn, well dat e ganz gutt Beispill ass.

Mä dat wat hei verlaangt gëtt, dat ass einfach, wéi gesot, eng Steuerreduktioun, respektiv d'Ofschafung vun enger Steuer, a mir kënnen aus Grënn vu Steiergerechtegkeet domadder net d'accord si wat verlaangt gëtt, awer och aus Grënn vu Verloscht un Image de marque, well mir fäerten als Gréng, datt dat, wat mer un Image de marque gewannen duerch dee Schratt, dee mer hei maachen, mer erëm kéinte verléieren duerch dat wat mer op där anerer Säit hei proposéieren, wat an där Motioun hei virgeschloe gëtt. An ech mengen ech hunn dat schonn eng Käier bei de Budgetsdebatte gesot. Mir kënnen duerfir och déi doten Approche net deelen.

Et ass natierlech kloer - an ech hunn dat scho gesot, an duerfir ass déi Motioun och richtig hei, déi hei proposéiert gëtt -, datt dat heiten nëmmen e Sënn mécht, wa mer och sécher sinn, datt dat, wat zu Feira ofgemaach war, nämlech datt all déi Territoiren, déi unhängeg sinn, déi sou genannt Drëttstaten, datt och do d'Applikatioun voll muss spillen. Alles anescht wier eiser Meenung no net nëmme schlecht fir Lëtzebuerg, mä dat wier eigentlech just dann Hypokrisie vun deene Länner, déi do méi helleg wiere wéi de Poopst, deenen op de Läm gaangen, an duerfir, wéi gesot, wäerte mer déi Motioun och matstëmmen.

Et ass och duerfir esou, wéi den Accord zu Feira zustan komm ass, dat hu mer och no enger Deklaratioun als Gréng hei an der Chamber gesot, datt mir d'Marschroute, déi du vun der leschter Regierung fixéiert ginn ass, géinge mat ënnerstëtze vun der Regierung. An dat wat mer jo hei eigentlech haut maachen, ass jo nëmmen déi praktesch Ëmsetzung vun der Marschroute, soit datt nach verschidde Mol huet missen haart verhandelt ginn, wou et ëm konkret Texter gaangen ass, fir datt och wierklech de Geescht vun deem, wat zu Feira decidéiert ginn ass, sech awer an den Texter erëmgespigelt huet.

Ech mengen et ass awer ganz kloer déi praktesch Ëmsetzung dovunner an duerfir, Här Präsident, ass et och fir eis wéi gesot kloer, datt mer dësen Text haut wäerte stëmmen.

Ech soen Iech Merci.

Une voix. - Très bien.

M. le Président. - Merci dem Här Bausch an als leschte Riedner ass den Här Jacques-Yves Henckes agedroen. Här Henckes, Dir hutt d'Wuert.

M. Jacques-Yves Henckes (ADR). - Merci, Här President. Ech sinn och frou, datt den Här Budgetsminister konnt hei sinn, obwuel en haut e schwéieren Ecofin-Conseil hat. Mä et ass awer wichteg, wann een dës Direktiv diskutéiert, datt deen Ablack awer och den zoustännege Minister do ass, d'autant plus datt eng etlech vun deene Froen, déi sech stellen, hien déi lescht...

(Hilarité et interruptions)

Ech géing also hei just nuren dat heite festhalen, déi europäesch Ambitiounen a Visiounen...

(Interruption et hilarité)

...vun de sukzessive Regierung. Also ech mengen...

Une voix. - Schoss no hannel!

(Interruptions)

M. Jacques-Yves Henckes (ADR). - Ech erënnere mech och heiansdo, wou op anere Bänke vläicht net grad déi Presenz fënn Minutten do war.

(Interruption)

Déi europäesch Ambitiounen a Visiounen vun de sukzessive Regierungen a speziell vun onsem Statsminister fir ons Bankplaz si grouss. Mä a Wierklechkeet bedreift onst Land um europäeschen Niveau nure méi Réckzuchsgefechter a mécht Schadensbegrenzung.

Wa Réckzuchsgefechter a Schadensbegrenzung erfollegt sinn, da gëtt dëst als grouss Victoire vun der Lëtzebuurger Regierung gefeiert. Dëst erënnert e bësselchen un oder ka sech vergläiche loosse, wéi wann eng Gewerkschaft sech géing doriwwer freeën, wa se e gudden Sozialplang ausgehandelt huet.

D'Aféiere vun enger Quellesteier op den Zënsertrëg illustréiert beschtens dës Politik.

Viru manner wéi zéng Joer war d'Aféiere vun der Quellesteier e rout Duch fir all Regierung. Den 1. Dezember 1997 koum eng éischt Ännerung an do huet de Ministerrot vun der Unioun, ënner Lëtzebuurger Présidence, eng Décisioun geholl wat d'Zënsbesteuerung uegt, de sou genannte Koexistenzmodell, deen engersäits fir déi Länner, déi e Bankgeheimnis hunn, d'Quellesteier opgemaach huet, a fir déi Länner ouni Bankgeheimnis e Kontrollmatdeedlungsverfahren.

An deem Europa vun haut sinn et nure méi dräi Länner, déi e Bankgeheimnis hunn: Lëtzebuerg, Éisträich a Belgien. Déi 22 aner Länner hu keent.

Mat Ausnahm vun de grénge Kollege si mir ons all eens, datt fir d'Lëtzebuurger Finanzplaz d'Bankgeheimnis liewenswichtig ass. Dofir hu mer ons gewonnen, wéi um Conseil zu Feira Lëtzebuerg op eng Käier vum Koexistenzmodell ofgewach ass an de Prinzip vun Kontrollmatdeedlungsverfahren fir ganz Europa unerkannt huet, ënnert der ausdrécklecher Bedingung natierlech, datt Drëttlänner wéi d'Schwäiz dësem Prinzip och géingen zoustëmmen. Jidderee wosst oder konnt sech denken, datt d'Schwäiz d'Bankgeheimnis net géing opginn.

Dofir ass och hei am Land déi Lëtzebuergesch Regierung gelueft ginn, datt si et fäerdeg bruecht hat, datt et zu kenger Décisioun iwwer eng Quellesteier koum an datt nei Konditiounen festgeluecht goufen. Mä an den auslännesche Finanzzeitunge konnt een op der Titelsäit liesen: Lëtzebuerg ass bereet d'Bankgeheimnis opzeginn. D'Banke kruten déi beste-

hend Clientèle berouegt, mä nei Clientë goufen ofgeschreckt, an et gesäit een och, datt d'Zuel vun de Banken zréckgeet. Do muss een oft oppassen, datt dat, wat een zu Lëtzebuerg kommunikéiert an als gutt fënn, ganz oft am Ausland anescht opgefaasst gëtt.

Dräi Joer huet déi Lëtzebuergesch Regierung zesumme mat den Éisträicher an de Belsch gebraucht, fir dës faux pas nees ze redresséieren, a fir datt et zu där Direktiv komm ass, déi zum heitege Gesetz féiert. 2003 huet den éisträichesche Finanzminister, den Här Karl-Heinz Grasser, zu dëser Direktiv gesot, ech zitieren: „De facto komme mer nees op de Koexistenzmodell zréck.“ Den ADR huet deemools an enger Motioun d'Regierung opgefuerdert, sech elo strikt un d'Direktiv ze halen a keng nei Konzessiounen ze maachen, notament wat d'Drëttstaten an d'Territoires associés uegt.

De Rapporteur, den Här Thiel, huet a sengem Bericht d'Dispositionen vun der Direktiv an deem doraus folgende Gesetz erläutert, esou datt ech déi net nach eng Käier brauch oder wëll widderhuelen. Dat gesot muss een awer festhalen, datt d'Direktiv zwou wesentlech Konditiounen festhält, fir datt de Koexistenzmodell esou ënnert där neier Form, wéi en elo besteet, fonctionnéiert.

Éischtens, all Drëttlänner mat enger Finanzplaz, dat heescht d'Schwäiz, Liechtenstein, Monaco, Andorra, San Marino an déi associéiert Territoirë vun den EU-Memberstaten aus der Karibik an de Kanalinselen mussen déiselwecht Mesuren aféieren.

Zweetens, d'Ausleeung vun der Direktiv an d'Aart a Weis wéi d'Direktiv applizéiert gëtt an de Quellesteierlänner an an den Territoirë muss déiselwecht sinn.

Déi éischt Konditioun ass nuren zum Deel erfüllt. D'Karibikinselen an och d'Kanalinselen hu menges Wëssens haut keen Accord ofgeschloss esou wéi d'Direktiv dëst virgesäit. Ech froen d'Regierung: Wou si mer drun? Wat fir eng Accordë sinn ënnerschriww mat de Kanalinselen an der Karibik? Ech mengen et ass wichteg, mir hunn haut eng Motioun virleie vun der Majoritéitspartei, wou dat als Konditioun gesat gëtt, a mir kënnen dach net engem Gesetz zoustëmmen, wann eng wesentlech Konditioun net erfüllt ass.

Mir verlaangen net, datt de Projet de loi do läit, mä datt weinstens d'Accordë sollten do leien. Déi Äntwerten an der Finanzkommissioun, déi op dës Fro koumen, waren ze vague. Et ass gesot ginn, mir waarden elo emol of wat um Ecofin-Conseil geschitt. Et ass dowéinst och wou Är Presenz haut absolut wichteg ass.

Den Artikel 17(3) vun der Direktiv seet och, ech zitieren: «Le Conseil décide, à l'unanimité, au moins six mois avant le 1^{er} juillet 2005, si la condition sera remplie, compte tenu des dates d'entrée en vigueur des mesures pertinentes dans les pays tiers et les territoires dépendants ou associés concernés.» No dësem Text hätt missen also am Dezember 2004 - net haut, mä am Dezember 2004 - alles kloer gewiescht sinn. Dat war awer deen Ablack anscheinend net de Fall. Och do wier et wichteg ze froen, wou mer elo a wat fir enger Prozedur dra sinn.

An dësem Kontext wëll ech och drop hiweisen, datt aus engem Dokument vun der Fédération bancaire européenne vum 17. Februar 2005, dat mer zoukomm ass an dat ech der Finanzkommissioun zoukomme gelooss hunn, ervirgeet, datt Zypern, Ungarn, Italien, Litauen, Portugal, Slowe-

nien a Griichenland d'Direktiv nach net ëmgemat hunn. Standpunkt: 17. Februar 2005. Wou si mer och do haut drun?

Deen anere wichtige Punkt, déi zweetwichtigst Konditioun, déi an dëser Direktiv, an an dësem Gesetz usteet, dat ass, datt et eng eenheetlech Uwendung vun der Direktiv muss ginn. Well et muss een net drun erënneren, datt mer hei an engem Kontext vu ganz staarker internationaler Konkurrenz ënnert deene verschiddene Bankeplaze stinn.

Wann d'Direktiv a 40 Länner soll ugewannt ginn, an zwar an de 25 Länner vun der EU an a 15 Drëttlänner, respektiv Territoiren an op den Inselstaten aus der Karibik an de Kanalinselen, dann dierf et net sinn, datt all Land an all Territoire seng Ausleeung huet, well soss si mer am totale Chaos.

Den Text vun der Direktiv, wéi e redigéiert ginn ass, ass e politeschen Text, deen e politesche Kompromiss duerstellt. Doduerch ass den Text vun der Direktiv op munche Plazen net kloer a werft Applikatiouns- an Interpretatiounsproblemer op, déi an deenen eenzelne 40 Länner, déi hei concernéiert sinn, verschiddelech interpretéiert ginn.

Natierlech interpretéiert all Land d'Direktiv no sengem Interessi. Mir riskéieren doduerjer en heillos administratiiv Duerchenaner ze kréien, mä mir riskéieren och - an dat dierf een net vergiessen - e stroferechtlecht Duerchenaner ze kréien, well verschidden Interpretatiounen kënnen dozou féieren, datt an engem Land eppes ausgeluecht ka ginn als eng Escroquerie fiscale oder als eng aner Strofdot, wat awer an engem anere Land vun der Quellesteier als richtig ugesi gëtt.

D'Tatsaach, datt d'ABBL, d'Bankenassociatioun, en Handbuch vun iwwer 100 Säiten huet missen ausschaffen, fir d'Gesetz, wat mir elo stëmme sollen, auszeleeën an ausféieren ze kënnen, weist op d'Problematik vun der Uwendung vum Gesetz hin. Ech hat fir d'éischt versicht fir mer bei der Bankenassociatioun dat Dokument do ze beschafen, mä dat huet 1.000 Euro kascht. Ech wier frou, wann d'Bankenassociatioun weinstens der Chamber esou en Dokument zur Verfügung géing stellen, anstatt datt een da muss bei déi eng oder aner Bank goen, fir ze kucke fir Asiicht an dat Dokument ze kréien.

An et ass wichteg, datt een dat uegt, well ech wëll véier Beispiller uféieren, ënner villen aneren, déi méiglech si fir ze weisen, datt et Uwendungsproblemer gëtt. Fir dat ze illustréieren hunn ech mech op d'Schwäiz konzentréiert, an ech hunn déi lescht Ausféierungsbestëmmungen vun der Schwäiz, déi vum 1. Abrëll dëst Joer, gelies a verglach mat dem Lëtzebuurger Handbuch.

Éischtens, d'Notioun vum Agent payeur. D'Notioun vum Agent payeur ass kloer wann een d'Banken, nuren d'Banke kuckt, wou eng Persoun e Kont huet an engem Client Zënse op sengem Spuerbuch ausbezilt.

Mä ech wëll e Beispill ginn, wou d'Definitioun vun Agent payeur net kloer ass, respektiv ganz schwéier ass unzewenden. Huele mer un, datt e Lëtzebuurger Résident senger Firma a Spuenien e Prêt d'actionnaire mécht. Op deem Prêt sinn Zënse geschëlt a folglech muss een eng Quellesteier zréckbehalen an un de spueneschen an un de Lëtzebuurger Stat ausbezelen.

D'spuenesch Firma seet mat Recht, ech maachen dëst net, ech si keen Agent payeur, ech verstinn näischt dovun, ech verkafe meng Wuere, ech bezuelen de Prêt zréck an dat ass alles. Meng Bank a Spuenien soll sech ëm déi Retenuen an déi ganz aner Geschichte këmmen. D'spuenesch Bank

seet awer, a mat Recht, ech sinn net Agent payeur dem Gesetz no, ech këmmere mech net ëm déi Quellesteier. Déi Lëtzebuergesch Bank, déi de Remboursement vum Prêt iwwert d'Rate kritt, seet natierlech och datselwecht...

Une voix. - Do huet se Recht.

M. Jacques-Yves Henckes (ADR). - ...a mat absolutem Recht.

Une voix. - Voilà!

M. Jacques-Yves Henckes (ADR). - Resultat: Et gëtt keng Retenue à la source! Där Saachen do sinn am alleegeleche Bankeliewe courant.

E weidere Problem an deem Kontext, am Kommentar vum Artikel 4 vum Gesetzesprojet, wéi mer en hei virleien hunn, steet: «L'agent payeur est celui qui verse effectivement les intérêts au bénéficiaire effectif.» A weider steet do: «Lorsqu'une banque n'intervient que de façon purement passive» - purement passive! - «elle n'est pas considérée comme agent payeur.»

D'Schwäiz seet an hirem Handbuch just de Contraire, an zwar datt déi Bank, déi d'Suen ausbezilt, ëmmer den Agent payeur ass, sauf convention écrite mat där anerer Bank. Hei riskéiere mer e monumentale Cafouillage.

Dann de Contrat fiduciaire. Am Handbuch vun der ABBL, Punkt 2.1.4, steet, datt keng Quellesteier ufält wann un eng Personne morale ausbezelt gëtt. Well de Contrat fiduciaire gemäss dem Lëtzebuurger Steiergesetz - de Mémoire mengen ech ass den Artikel, de Paragraph 11 vum Steuerupassungsgesetz - transparent ass, heescht dëst, datt wann den Actif fiduciaire dem Fiduciant restituéiert gëtt, da muss d'Bank d'Quellesteier réckwierkend iwwer Jore gegebenfalls ewech berechnen, a si muss kucken, wat dann de Remboursement vum Kapital ass a wat d'Zënse sinn - eng freeschtelech Aarbecht, déi mir onse Banken net zoumudde kënnen a wou menger Meenung no misst eng aner Interpretatioun kommen.

D'Schwäiz huet de Problem erkannt a seet dofir just de Contraire vun deem, wat mir am Lëtzebuurger Handbuch festhalen a wëllen duerchféieren. De Paragraph 75 vun den Directives relatives à la fiscalité de l'épargne de l'Union européenne - ech kann Iech déi hei weisen, déi déi aus der Schwäiz do komm sinn, dat ass och e ganz déckt Buch, ech hunn nuren e puer Säite matgehol - seet: «Aux fins de la fiscalité de l'épargne de l'Union européenne, le bénéficiaire effectif est le fiduciaire et non le fiduciaire.»

Dont acte! Mä, wann een dat awer elo muss am Internationalen applizéieren, da muss ee sech awer d'Fro stelle, wat dann elo richtig ass, an dat heite werft eng etlech Problemer op. Wann een dann och nach gesäit, datt an Territoirë wéi Liechtenstein an op den Antillen nach aner Interpretatiounen solle kommen, da gesäit een, datt dat Gesetz an déi Direktiv schwéierlech uwendbar sinn an zu engem heillosen Duerjernee kënnen féieren.

En anere Problem, deen ech wëll ugoen, dat ass den Apport vun engem Portefeuille titres an zum Beispill eng Lëtzebuergesch Holding. Ass dëst eng Cessioun esou wéi d'Direktiv an onst Gesetz et virgesinn oder net? D'ABBL seet Jo, d'Schwäizer Banke soen Neen, sauf wann an der Convention de prêt eppes anescht géing stoen.

D'Schwäiz gesäit och d'Méiglechkeet fir eng Prime fir eng Liewensversicherung mat Obligatiounen ze bezuelen, mat engem Coupon attaché an dat ouni Quellesteier. Mir gesinn dës Possibilitéit fir den Ablack net vir. An do muss och Kloecheet geschafe ginn.

D'Schwäiz huet och d'Lëtzebuerger Handbuch gelies an d'Ausleerung vun der Direktiv, wat d'Investmentfongen ugeet, kuerzfristig geännert an ass der Lëtzebuerger Interpretatioun nogaangen.

Dir gesitt, et gëtt also ganz kloer gekuckt, wéi wat wou mécht, fir ze kucken déi beschten Interpretatiounen erauszehuelen. Mä heiandsi si se kontradiktoresch an et ass dat, wat Schwiereregkeete mécht.

Den Här Stats- a Finanzminister huet widderréck op dës Tribün deklaréiert, ech zitieren: „Déi Léisungen, déi et an der Schwäiz, zu Liechtenstein, zu Monaco an op anere Plaze gëtt, mussen vergläichbar si - wéi een Zwilling - mat deene Moossnamen, déi an Europa agefouert ginn.“ Da muss dat awer och geschéien! Da muss verschidde Leit awer och hir Hausaufgabe maachen. Esou wéi et elo ass, schuede mir onser Finanzplaz. Wien déi Hausaufgabe maache soll, ass mir egal. Mä et muss fir Kloerheet gesuergt ginn iwwer eng eenheetlech Uwendung vun der Direktiv, well soss gi mir béisen Zäiten entgéint, well kee weess, wat da richteg ass a wéi déi Direktiv soll applizéiert ginn, mat alle méigleche Konsequenzen.

D'Bankbeamten, déi dës Ausféiere sollen elo zum 1. Juli, wann dat den Datum sollt sinn, deen zréckbehale ginn ass, hunn Angscht, well se fäerte falsch Interpretatiounen ze maachen, falsch Avisen ze ginn an doduerjer Responsabilitéiten um zivil- oder stroferechtliche Plang anzegoen.

Dofir ass et wichteg, dass Kloerheet geschafe gëtt, an ech wier frou ze wëssen, wéi dat dann elo an der Praxis soll virgoen. Et ass awer och kloer an däitlech, dass mer mat deem ausgebléckten Text zwar legal a vis-à-vis vun der EU am Aklang sinn, mä dass d'Applikatioun vun dëser Direktiv a ganz Europa an och an deene 15 associéierten Territoirë respektiv Drëttstaaten nach munch Problemer wäert opwerfen an do muss nach vill geschafft ginn.

D'Lëtzebuerger Residentë si vun dësem Gesetz net betraff, mä si sollen awer och...

(Interruption)

...an de Genoss vun enger Quellesteier kommen nom Wonsch vun der Regierung, well dës zum sozialen Equilibre - wéi d'Regierung seet - géng bäidroen.

An der Erklärung zur Lag vun der Natioun 2003, dat war nach déi viregt CSV/DP-Koalitioun, huet den Här Statsminister d'Ausso gemaach, dass d'Regierung wëllt, ech zitieren: „Zäitgläich mat der Akraaftfrierung vun der europäescher Zënsdirektiv oder kuerz duerno d'Zënsrevenue an aner Spuerrevenue un der Quell besteieren.“ An dës mat 10%.

Weider huet et geheescht: „Dat bedeit fir d'Spuer eng wesentlech Steierlischerung. Mir verduebelen d'Steierabattamenten: De Steierabattament gëtt op 3.000 Euro fir deen eenzelne Steuerzueker, an op 6.000 Euro fir déi bestuete Koppel ugehewen. Kee Spuerer bezilt méi, mä all Spuerer bezilt manner Steiere wéi haut.“

Wann een dat héichrechent, déi 3.000 oder 6.000 Euro Zënsabattamenten, dann équivaléiert dat ongeféier engem Kapital vun 150.000, respektiv 300.000 Euro, wat steierfräi kéint ugeluecht ginn.

Am Programme gouvernemental vun der CSV/LSAP-Regierung steet, ech zitieren: «Dans le domaine de la fiscalité des personnes physiques, le Gouvernement, dans un souci de rendre notre régime d'imposition de revenus plus efficient et socialement plus équilibré, introduira une retenue à la source libératoire en matière de revenus de capitaux. L'introduction et les effets attendus

d'une telle retenue appellent également la suppression de l'impôt sur la fortune des personnes physiques.»

Ech huelen un, dass den Här Statsminister, deen de Statsminister war énnert der CSV/DP-Regierung an deen elo och énnert der CSV/LSAP-Regierung deeselewachten ass, seng Meinung net geännert huet an dass e sech also elo muss d'Fro stellen, wéi déi Retenue à la source, déi Quellesteier, déi libératoire soll sinn, soll ugewant ginn. Heescht dat, dass déi Abattamenten nach bestoe bleiwen oder net méi bestoe bleiwen? Ass déi Quellesteier absolut, dass heescht, dass se geholl gëtt op egal wat fir engem Revenu, op egal wat fir engem Spuerkont, egal, ob dat elo fénnef Euro Zësen ausmécht oder 5.000 Euro Zësen? Dat ass dat, wat sech awer vill Leit hei d'Fro stellen.

Dat wat een och muss soen, dass ass, wann et eng Retenue libératoire ass, dann hunn natierlech déi Leit, déi 30, 35, 38% Steiere bezuelen, en Avantage fiscal dovunner, wa se op 10% libératoire ginn. Mä dee kleng Spuerer, deen dee keng Steiere bezilt oder manner wéi 10% Steiere bezilt, huet vum Impôt libératoire näischt. Dee krit déi 10% Steieren ofgeholl.

Ech mengen, et kann dach net sinn, dass eng Regierung seet, dass esou eng Mesure sociale équilibrée wier an dat méi sozial géng maachen. Mir wëssen, dass ganz vill Leit zu Lëtzebuerg keng Steuererklärung ze maache brauchen oder keng maachen.

Do muss een eng Léisung sichen, Här Minister. Mir mengen, dass et besser wier, wann ee géng wéi zum Beispill an Däitschland higoen an d'Steierverwaltung de Lëtzebuerger Residenten géif en Zertifikat ginn, dass si mat 3.000 bis 6.000 Euro respektiv steierfräi Dépôt kënnen uleeën op hire Spuerbicher. Et gëtt vläicht nach aner Moynë fir dat ze maachen, mä et kann net esou sinn, dass där enger Sait manifestement vill entgéintkomm gëtt um steierleche Gebitt an dass dee kleng Spuerer awer hei op senge puer Groschen och nach misst Steiere bezuelen. Dat ass op jidder Fall net an der Rei.

D'Regierung huet gesot, et wier e Régime d'imposition plus efficient mat der Taxe libératoire. Dat stëmmt! Mä wa se da seet socialement plus équilibré, do géng ech soen, do leie mer falsch, et wier éischerter moins équilibré. Ech wier also och do frou, wann ech wësst wéi d'Haltung vun der Regierung wier.

A mir proposéieren och zwou Motiounen fir de Problem unzegoen, eng déi mer als Motion principale ugesinn, wou mer och froen, dass d'Regierung keng Retenue à la source op de Revenus d'intérêts vun de Residentë soll applizéieren, an eng zweet Motioun, wou mer soen, dass mer am Intérêt vun deene kleng Spuerer, fir dass déi an déi méi grouss Spuerer gläich behandelt solle ginn, Méiglecheete gesicht gi vun der Regierung, fir dass dee kleng Spuerer net brauch op senge puer Groschen oder puer Cent oder Euro, déi e krit, muss Zëse bezuelen an dass en also do déiselwecht Donnéeën an Hëllef krit an dass en net muss eng Steuererklärung maachen.

Motion 3

La Chambre des Députés,

- *considérant qu'il s'agit d'éviter que les résidents aient à payer une retenue à la source sur leurs revenus de capitaux;*

invite le Gouvernement

- *à ne pas appliquer de retenue à la source sur les revenus d'intérêts des résidents.*

(s.) Jacques-Yves Henckes, Gast Gibéryen, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp, Robert Mehlen.

Motion 4

La Chambre des Députés,

- *considérant qu'il s'agit d'éviter que les épargnants résidents et surtout les petits épargnants aient à payer une retenue à la source sur leurs revenus de capitaux;*

invite le Gouvernement

- *à prendre les mesures adéquates pour que tous les épargnants percevant des revenus d'intérêts annuels inférieurs à 3.000 euros pour une personne et 6.000 euros pour un couple n'aient pas à supporter de retenue à la source.*

(s.) Jacques-Yves Henckes, Gast Gibéryen, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp, Robert Mehlen.

Dat gesot, Här Minister, mengen ech, dass au vu vun de Konditiounen, wéi se elo festleien, an och d'Tatsaach, dass d'Konditiounen, déi an der Direktiv net erkläert sinn, au vu vun de Schwieregkeeten, déi et an dëser Applikatioun vun dëser Direktiv gëtt, dass also deen Engagement, deen hei de Statsminister énnert der viregter Regierung agaangen ass, dass en nure géng dëser Direktiv zoustëmmen, wann all Konditiounen 100% erfëllt sinn. No mengen Informatiounen ass dat net de Fall, mä Dir kënt ons dat nach soen. Mä wann dat sech sollt bestätegen, no Ären Aussoen, da kënnen mir als ADR dësem Projet net zoustëmmen.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien.

■ **M. le Président.** - D'Diskussion ass heimadder ofgeschloss an elo huet de Budgetminister Luc Frieden d'Wuert.

■ **M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech géng gären der Chamber Merci soe fir déi Debatt a virun allem och dem Rapporteur, dem Här Lucien Thiel. Ech géng d'Chamber och biede mech ze entschëlegen, dass ech mat déckem Retard an d'Chamber komm sinn. Mä wéi Der wësst, a wéi hoffentlech och hei gesot ginn ass, hunn ech siwe Stonne laang un intensiven a net ëmmer fir Lëtzebuerg ganz agréablen Debatten am Finanzminister-Conseil deelgeholl, wou et grad ëm dësen Text gaangen ass, an duerfir sinn ech méi spéit hei an d'Chamber komm.

Déi Debatten, déi Dir haut hei féiert, iwwert d'Approbatoun vum Projet de loi, deen d'Zënsbesteuerungsdirektiv soll ëmsetzen, setzt en Enn ënner 15 Joer Debatte ronderëm dës Fro vun enger europäescher Regelung fir d'Zënsbesteuerung.

Ech ginn dovun aus, dass de Rapporteur, deem ech jo net konnt nolauschten, op deen Historique agaangen ass an ech erspueren lech dee selbstverständlech den Owend nach eng kéier. Mä de Fait, dass mer no 15 Joer eng Léisung fannen, ass mengen ech begrëssenswäert, well se der Finanzplaz Lëtzebuerg eng nei Sécherheet gëtt, déi mer an deene leschte Joren an dëser Debatt gesicht hunn an déi hire Reflet fënnt an deem Projet de loi, deen haut zur Diskussion steet.

D'Diskussion war laang Zäit: Wat fir eng Regelung maache mer? An ech stelle mat Satisfaktioun fest, dass mer an Europa eng Regelung durchgesat krit hunn, déi heescht, d'Quellesteier oder Informationsaustausch fir Non-Residents, an ech beschränke mech och hei op Non-Residents, fir dass net Confusioun bei de Leit ass, also déi Leit, déi net an engem Land wunnen. Et sinn also Leit, déi net am Land wunnen, déi zum Beispill bei eis op d'Bank Sue bréngen.

Lëtzebuerg huet an där viregter Legislaturperiod op europäeschem Plang duerchgesat krit, dass mer zu Lëtzebuerg am europäesche Feld net op de Wee vum Informationsaustausch ginn, obschonn dass dat e massiven Drock vu ville Länner war, dass d'Majoritéit vun de Länner dat maachen, an et sinn nëmmen dräi Länner, dräi, dorënner Lëtzebuerg nientwéi Eisträich an der Belsch, déi also eng Quellesteier aféieren op der Zënsbesteuerung. Mir waren do derfir, well dat eis erlaabt, d'Bankgeheimnis bäizebehalen, wat een Element ënner villen am Secteur vun dem „private banking“, vun der Gestoun vun dem Patrimoine vu Privatleit ass.

Duerfir hu mer no laangen Diskussionen deem Accord zugestëmmt, well mer zwou Saache wollten erreche fir d'Finanzplaz, an ech mengen déi hätte mer erreecht. Dat eent, dass d'Prévisibilitéit vun eiser Finanzplaz, an dat aner ass d'Kompetitivitéit vun der Finanzplaz.

D'Prévisibilitéit ass e wesentlech Punkt fir Leit, déi an eist Land kommen an hei wëllen op de Banken, mat de Banke schaffen. Well si soe sech a si hunn eis gefrot an deene leschte Joren, si hunn lech gefrot: Jo wat geschitt dann an e puer Joer mat dem „private banking“? Gëtt et nach e Bankgeheimnis? Kënn eng Quellesteier? Kënn en Informationsaustausch?

Hei hu mer elo fir d'éischte kéier an der Geschicht vun onser Finanzplaz an enger europäescher Direktiv d'Bankgeheimnis europäesch festgeschriwwen krit. Well et ass net nëmmen e Lëtzebuerger Text dee seet, dass mir d'Quellesteier an d'Bankgeheimnis hunn, mä et ass en europäeschen Text dee seet: Jo, d'Belsch, Eisträich a Lëtzebuerg dierfen d'Bankgeheimnis hunn, bei gläichzäiteger Aféierung vun enger Quellesteier op den Zënsertrag.

Duerfir kënnen mer elo a kënnen d'Banken elo de Clientë soen, wat an deenen nächste Jore geschitt am Secteur vun „private banking“, an dat erlaabt der Finanzplaz nei Marchéen unzegoen, ze erkläre wat op där Finanzplaz geschitt an dass och den Investisseur weess, wat mat senge Suen zu Lëtzebuerg, och a puncto Fiscalitéit, geschitt.

Mir sinn aus der Kritik, an där mer waren, erauskomm. Mir hu méi Sécherheet op d'Finanzplaz bruecht an duerfir Prévisibilitéit.

Zweet Argument: Kompetitivitéit. Dat war a bleift dat wichtigst Zil an dësem Kontext. D'Kompetitivitéit an engem Konkurrenzëmfeld wat haart ass. An Europa ass Plaz fir eng Rei Finanzplazen a ronderëm Europa gëtt et seriö Finanzplazen. An d'Zil vun där viregter a vun dëser Regierung war et, fir dass mer d'Konkurrenzfähigkeit vun eiser Finanzplaz géngen erhalen, an duerfir hu mer deemools gesot, wéi mer esou staark ënner Drock komm sinn:

a) mir wëllen d'Bankgeheimnis behalen, duerfir si mer d'accord eng Quellesteier ze maachen, a

b) si mer awer nëmmen domat d'accord, wann och Länner, déi mat eis op der Finanzplaz a Konkurrenz sinn, déi nämlech Konditiounen erfëllen.

Doriwwer ass laang diskutéiert ginn, wat fir eng Länner dat wären. Mir hunn elo eng Rei Drëttstaaten definéiert a mir hunn eis bekëmmert ëm déi Länner, déi ofhängeg Territoiren hunn, virun allem Holland an England, wou och eng Rei Finanzzentere bestinn.

Dat Element vun der Kompetitivitéit ass an der Direktiv berücksichtig, dass Element ass berücksichtig am Projet de loi, deen Dir haut zur Diskussion hutt, an dat bleift bis zu dem leschte Moment eng Haaptkonditioun vun der Lëtze-

buerger Regierung, och éier mir dës Projet de loi, wann d'Chamber en dann haut stëmmt, am Memorial veröffentlechen.

Mir maachen näischt an deem Beräich, wa mer net d'absolut Garantie hunn, dass déiselwecht Moossnamen an deenen Territoiren an an den Drëttstaaten applizéiert ginn. An duerfir hate mer haut ënner Lëtzebuerger Présidence de Punkt op den Ordre du jour gesat, fir ze kucken, wou si mer dann drun an der Ëmsetzung vun der Zënsrichtlinn an de Memberstaaten, an den Drëttstaaten an an den Territoiren. Dat ware siwe spannend Stonnen, an dat aus e puer Ursachen.

Fir d'éischt hu mer de Point gemaach vun deene Länner, déi all müssen dës Direktiv ëmsetzen. Wat d'Memberstaaten ubelaangt, a contrairement zu deem, wat virdu gesot ginn ass, hunn op den Datum vun haut all d'Memberstaaten, mat Ausnahm vu Lëtzebuerg, dës Richtlinn ëmgesat. Italien huet der Kommissioun dat nach net matgedeelt, mä huet awer gesot, si hätte schonn deen noutwendegen Text approuvéiert.

Ech hu gesot, d'Lëtzebuerger Parlament wier amgang dës Debatt ze féieren, esou dass all d'Memberstaaten, wann och déi aner Konditiounen erfëllt sinn - an ech ënnersträichen dat ëmmer erëm - prett si fir den 1. Juli 2005 dës Direktiv anzeféieren. Mä, nach eng kéier: Wann och déi aner Konditiounen erfëllt sinn!

An dat bréngt mech zum zweete Punkt, nämlech d'Situatioun an den Drëttstaaten. D'Situatioun an den Drëttstaaten um Dag vun haut ass nom Bericht vun der Kommissioun esou, dass d'Schwäiz, wat e wesentlech Punkt an dëser Diskussion ass, all Moossname geholl huet, fir dass d'Direktiv, oder bei hinnen dann den Traité, den 1. Juli 2005 kann a Kraaft trieden. Et kënn an der Schwäiz net zu engem Referendum. Deen Délai ass elo expiréiert.

Andorra a San Marino hunn och déi noutwendeg Moossname geholl. Et bleiwen zwee Länner, déi d'Moossnamen nach net geholl hunn, dass ass Liechtenstein a Monaco. Liechtenstein huet fir de Moment kee Parlament, well se Wahlen haten, a Monaco wäert den Text Enn Abrëll stëmmen an hirem Parlament.

Mir hunn also och do gesot, dass mir gäre schrëftlech Confirmatioun hätte bis de Juni - do ass nach en Ecofin -, wéi et an deenen zwee Länner ass. Mä opgrond vun deenen Informatiounen, déi mer hunn, gi mer dovun aus, dass déi zwee Länner an deenen nächsten zwee Méint och deen Traité approuvéieren.

An da komme mer zu den Inseln, de sou genannten Territoires dépendants ou associés. Do hu mer festgestallt, dass déi dofir noutwendeg Accord mat de Kanalsinseln vun England a mat den hollänneschen Territoiren, dass heescht d'hollännesch Antillen an Aruba, ënnerschrifwe sinn, mä dass déi Accorden nach net an deene meeschte Parlamenten approuvéiert gi sinn. Iwwerens och net am Lëtzebuerger Parlament, well mir déi Accorden all zesumme wollten an d'Parlament bréngen, iwwerens aner Regierungen och, an eng Rei vun deenen Accordë mat de karibeschen Territoirë sinn nach net ënnerschrifwen um Dag vun haut.

Mir hunn haut nach eng kéier ganz kloergemaach am Nimm vum Lëtzebuerger Land, dass mir och do op d'Conditionnalité externe, wéi mir dat nennen, halen, dass heescht, dass et ganz kloer ass, dass virum Akraaftfrie vum der Direktiv op dem 1. Juli 2005 selbstverständlech déi Accordë mat den Territoirë müssen ënnerschrifwe sinn an approuvéiert sinn an all de Parlamenten.

Dat ass vläicht méiglech. Ech soen haut net, datt dat net méiglech ass, mä d'Zäit leeft eis fort, iwwregens och der Lëtzebuerger Regierung an dem Lëtzebuerger Parlament. Soubal mir déi Accorden ënnerschiwwen vum England kréien, wäerte mir déi a Form vun engem Projet de loi an d'Parlament bréngen a bieden dann d'Parlament ëm Zoustëmmung dozou, esou wéi dat och an all deenen anere Parlamenten wäert goen.

Ech soen also hei nach eng kéier ganz kloer: D'Memberstate si prett, mä d'Konditiounen sinn um Dag vun haut nach net all erfëllt. Ech wëll lech och duerfir soen, datt ech mat där Motioun, déi den Här Mosar hei abruucht huet, d'accord sinn, datt mir selbstverständlech wäerten un deene Konditiounen vun der Direktiv iwwert d'Akraaftriede festhalen, an datt mir d'Publikatioun vun dësem Gesetz am Mémorial no Ärem Vote net maachen, bis mer déi Garantien hunn.

An deem Text, deen Dir haut stëmmt, steet dran, datt d'Gesetz den éischten Dag vum éischte Mount no senger Publikatioun a Kraaft trëtt. Dat heescht, wa mir nom Ecofin vum Juni d'Gesetz publizéieren, dann trëtt et den 1. Juli nach a Kraaft. An duerfir ass et esou wichteg, datt mer gesot hunn, am Ecofin vum Juni kucke mer nach eng kéier ob déi Problemer, déi haut nach am Ecofin bestanen hunn, bis dohinner erfëllt sinn oder net.

Dat huet net jiddferengem haut um Ecofin geschmaacht. All déi, déi nach mat eis eng Rechnung opstoen haten, hunn dat haut och kloergemaach. Mir hunn un där Positioun festgehalten. Duerfir soen ech lech, et war net ëmmer agréabel haut, well verschiddener wollte soen, coûte que coûte muss et den 1. Juli a Kraaft trieden.

Zweetens gouf et eng länger an hefteg Diskussioun iwwert d'Ausleeung an d'Uwendung vun der Direktiv. Et ass hei virdru gesot ginn, et wär esou wichteg, datt mer eng eenheetlech Uwendung vun der Direktiv hätten, heiheem an an Europa a ronderëm Europa. Mä grad do koum d'Lëtzebuerger Land haut schäerfstens an d'Attaque, well mer attackéiert gi sinn, datt mir géingen d'Direktiv net richteg uwenden, an dat virun allem op zwee Punkten: Engersäits deen Artikel, deen haut am Gesetz steet, wat hei zur Ofstëmmung ass, iwwert d'Berechnung vun den Zësen, an zweetens iwwer verschidden Zënssongen, déi a verschiddene Konstruktiounen zu Lëtzebuerg eventuell net géingen ënnert d'Direktiv falen.

Ech erkläre mech iwwert deen éischte Punkt. Mir hunn am Gesetz, wat haut hei zur Ofstëmmung virläit, geschriwwen, datt et sech applizéiert op all Zësen, déi nom 1. Juli erfalen a bezuelt ginn. D'Kommissioun, ënnerstëtzt vun 23 Memberstaten, seet, datt et missten Zënse sinn, déi nom 1. Juli bezuelt ginn, och wann dat Zënse sinn, déi virum 1. Juli erfall sinn.

Den zweete Punkt, wou 23 Memberstate géint eis Interpretatioun waren, war deen - an dat steet net am Gesetz, dat steet just an deem provisoeresche Buch vun der ABBL, wat virdrun den Här Henckes ugeschwat huet, wat also eng Guideline ass, wéi ee kann déi Direktiv ausleeën -, verschidden Zënssongen, déi ganz wéineg a Créances investéieren, sinn an der Direktiv ausgeschloss. Mir hunn dat och esou ëmgësat.

Do gouf et eng Diskussioun, ob indirekt Investissementer géingen drënner falen oder net. D'Kommissioun huet ganz kloergemaach, ënnerstëtzt vun 23 Memberstaten, datt, wa mir géingen un eiser Ausleeung festhalen, wat net eng Regierungauserleeung ass, mä eng, déi wéi gesot an den Ausféierungsbestëmmungen ass vum

Secteur, mir da géingen d'nächst Woch ugesicht gi vun der Kommissioun beim Europäesche Geriichtshaff, fir ebe just sécherzestellen, datt dat géing uniform applizéiert ginn.

An déi meescht vun de Memberstaten hu gesot, datt si sech esou engem Prozess géinge ralliéieren. Mir hunn du gesot, datt mir d'accord wäere mat der Interpretatioun vun der Kommissioun, well mer ganz kloer gesinn hunn, datt, wa mer virun d'Geriicht kommen, et zwou Méiglechkeete gëtt: Entweder et gewënnt een de Prozess oder et verléiert een en.

Wann een e verléiert, da géing sech déi Regelung net op d'Schwäiz applizéieren, well et selbstverständlech ass, datt den Europäesche Geriichtshaff keng Kompetenz iwwert d'Schwäiz huet. An et ass dorobberhi wou ech am Numm vu Lëtzebuerg gefrot hunn, datt mir mat der Interpretatioun vun der Kommissioun d'accord wäeren, oder mat der Applikatioun vun der Kommissioun - Interpretatioun ass vläicht e bësse wäit -, à condition datt mer géinge schrëftlech confirméiert kréie bis de Juni, datt och erëm eng kéier d'Drëttstaten, also d'Schwäiz, Liechtenstein, Monaco an och d'Territoiren, dann och déi doten Zënssonge géingen drënner applizéieren.

Dir kënt lech virstellen, wat fir en Zodi dat am Conseil vun de Finanzministere ginn ass, déi eis reprochéiert hunn, mir géingen erëm nei Konditiounen aféieren. Mir hunn no siwe Stonnen Debatte dunn awer den Accord fonnt.

Éischtens hu mer eis duerchgesat kritt op der Fro vun der Berechnung vun den Zësen, well ech ëmmer erëm gesot hunn, datt d'Regierung zu Lëtzebuerg net bereet wär, an d'Parlament ze kommen an eng Ännerung vum Projet de loi ze froen, deen Dir haut zur Ofstëmmung hutt, an zweetens wat d'Fongen ubelaangt oder ee Grupp vu Fongen, do hätte mer gären d'Confirmation écrite vun den Drëttstaten an den Territoirë bis de Juni, datt déi datselwecht géinge maachen, fir datt d'Konkurrenzfäegkeet géing erhalen bleiwen. Dorobber krute mer dann elo den Owend kuerz no sechs Auer en Accord.

Domadder, mengen ech, hu mer sécher net alles erreecht wat mer gäre gehat hätten, mä mir hunn dat Wesentlechst erreecht. An dat ass d'Konkurrenzfäegkeet vun der Finanzplaz Lëtzebuerg, d'Prévisibilitéit vun där ech scho geschwat hunn. Et mécht eis nei Perspektiven op, mir kënnen eis ëm aner Problemer bekëmmern, dont déi, déi och an der Regierungserklärung ugi waren an déi och haut, wann ech dat richteg gesinn hunn no enger Motioun vun dem Här Meisch, och nach eng kéier rappeléiert ginn, zu där d'Regierung opgefuerdert gëtt, notament d'ganz Thematik vun der Besteuerung, der libérateur Quellesteuer fir d'Résidenten an d'Ofschaffung vun der Verméigenssteuer.

Et ass a bleibt d'Intentioun vun der Regierung dat ze maachen. Dee Projet de loi ass nach net geschriwwen, duerfir kann ech och net déi aner Froen an deem Kontext beäntweren, mä et bleibt bei deem wat an der Regierungserklärung steet. Et wäert och selbstverständlech zu deenen diesbezüglichen héije Fräibeträgg kommen, an ech kann also och am Numm vun der Regierung soen, bei schneller Lecture, datt d'Regierung déi Motioun, déi den Här Meisch erabruucht huet, och kann unhuelen.

Selbstverständlech bleiwe wat déi europäesch Quellesteuer ubelaangt eng Rei Problemer, déi mam Secteur vun der Bankeplaz mussen diskutéiert ginn. Duerfir sinn och déi déck Handbicher do komm. Mir mengen net, datt et noutwendeg wär, dat alles an e Gesetz oder a Reglementer ze

géissen. Ech menge schonn, datt dat kann - esou wéi an der Schwäiz, esou wéi zu Lëtzebuerg - an engem Manuel d'utilisation bestoen, an ech kann lech do soen, datt d'Regierung mat der Steierverwaltung an dem Secteur u sëllechen Aarbechtsgruppen deelhëlt, fir ebe grad Kloerheet an deenen dote Secteuren ze schaffen. Do si mer an enkem Kontakt mat den Drëttstaten, fir och do erëm sécherzestellen, datt déi datselwecht maachen.

En fait ass dee Vote, deen Der den Owend maacht, fir eis d'Enn vun enger laanger a schwieriger Debatte. Ech mengen et wär gutt wa mer dëse Projet den Owend géinge stëmmen, mä ech wëll lech nach eng kéier am Numm vun der Regierung soen, datt dëse Projet gestëmmt gëtt, mä datt mir op keng eenzeg vun de Konditiounen wäerte verzichten. Konditiounen, fir déi mer gekämpft hunn an där viregter Regierung an an dëser Regierung haut. An dëser Regierung huet et sech op dee laangen Ecofin vun haut limitéiert. Mir hunn eis dofir agesat, datt mer eng Finanzplaz och an Zukunft hätten, déi staark wär, déi dévloppéiert kënnt ginn, déi sech kann opmaachen op nei Mäert, déi net permanent an der Kritik steet.

Ech mengen dat Wesentlechste hätte mer erreecht, an duerfir wäerte mer och bis den 1. Juli, a wann noutwendeg doriwwer eraus, eis un déi Konditiounen halen, déi mer ofgemaach hunn, an déi Äert Parlament och haut nach eng kéier, wann ech dat richteg verstinn, ausdrécklech gefrot huet.

Merci.

Plusieurs voix. - Très bien!

M. le Président. - Merci dem Budgetminister Luc Frieden. D'Diskussioun ass domadder ofgeschloss a mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 5297. Den Text steet am Document parlementaire 5297¹⁰.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Gesetzprojet 5297 ass gestëmmt gi mat 55 Jo-Stëmmen a 5 Abstentiounen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch (par M. Lucien Clement), MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf (par M. François Maroldt), Marco Schank, Marc Spautz (par Mme Nancy Arendt), Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen (par Mme Marie-Josée Frank), MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler (par Mme Nelly Stein) et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. John Castegnaro), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par Mme Claudia Dall'Agnol), Mme Lydia Mutsch (par M. Romain Schneider), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner (par M. Roger Negri) et Mme Vera Spautz;

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Xavier Bettel), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helming, Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Felix Braz, Camille Gira

(par M. Henri Kox), Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter.

Se sont abstenus: MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling (par M. Gast Gibéryen), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Wëllt ee seng Enthalung begrënnen? Wann dat net de Fall ass: Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Mir kommen dann och nach zur Ofstëmmung vu verschiddene Motiounen.

Motion 1

Fir d'éischt d'Motioun Nummer 1, déi vu mir selwer eragereecht ginn ass. Ech mengen, mir kënnen déi par main levée ofstëmmen.

Vote

Wien ass mat där Motioun d'accord?

Wien ass net mat där Motioun d'accord?

Wien enthält sech?

Domadder wär déi Motioun ugeholl.

Motion 2

Da kéime mer zum Vote iwwert d'Motioun Nummer 2 vum Här Claude Meisch. Den Här Fayot wëllt dozou d'Wuert huelen.

M. Ben Fayot (LSAP). - Jo, Här President, ech wollt zu där Motioun Stellung huelen. Den Här Meisch huet mech éinescht a senger Interventioun à propos vun dëser Motioun an de Mond geholl, well ech an den Débaten iwwert de Budget gesot hunn, dass mer wuel d'accord wäeren, dass een eng Retenue à la source libératoire vun 10% géif aféieren, mat der Ofschaffung vum Impôt sur la fortune, wéi dat jo och am Koalitionsprogramm steet.

Ech menge perséinlech, Här Minister, Dir hutt an Ärer Guttheet gesot, Dir wäert mat där Motioun d'accord. Ech mengen net, dass mer et néideg hunn, dass mer Motiounen hei kréie mat Stécker vum Koalitionsprogramm an déi dann hei scheinbchensweis ofgestëmmt kréien.

Ech wëll dem Här Meisch soen, dass ech mat deem Punkt vum Koalitionsprogramm averstane sinn, mä Dir kënt lech erënneren, dass mer eng Diskussioun hate bei de Budgetsdebatten, wou den Här Mosar nach aner Perspektiven opgemaach huet, dass ech deemools zu deene Perspektiven eigentlech nee gesot hunn.

Ech wäert mech bei där Motioun enthalten aus där Ursaach, well ech der Meenung sinn, dass mer de Koalitionsprogramm, dee mer hei ofgeseent hunn, net brauchen duerch Motiounen ze confirméieren. Dat kann natierlech eng Oppositionspartei sech erlaben. Ech wëll also dat kundtun. Also, et ass e klengen Différend, deen ech mam Här Minister hunn, mä ech mengen iwwert de Fong hu mer kee Problem, mä ech hunn iwwert d'Method, wéi dat hei geschitt vun der DP aus, meng Problemer, an duerfir wäert ech mech dobäi enthalten.

M. le Président. - D'Motioun vum Här Meisch ass bis elo just vun him selwer ënnerschiwwen.

M. Claude Meisch (DP). - Jo, wa keng aner Fraktiounen sech bereet erkläre fir déi Motioun mat ze ënnerschreiwen, da sti meng Fraktiounskolleege selbstverständlech zur Verfügung fir dat ze maachen.

D'Motioun gëtt nach ënnerstëtzt vun den Damme Brasseur a Flesch, an den Häre Grethen a Wagner.

Ech wonnere mech awer e bëssen iwwert d'Positioun an d'Erklärung

vum Här Fayot, firwat en hei seng Abstentioun begrënn. E seet u sech, en Deel vun der Opposition géing en Deel vum Koalitionsaccord hei nach eng kéier afuerderen an akloen, datt dat soll ëmgësat ginn, dat ass jo net üblich, an duerfir géing en Deel vun der Majoritéit sech do elo enthalten oder wär do dergéint.

Normalerweis ass et jo ëmgedréint, datt d'Opposition géint de Koalitionsaccord ass an d'Majoritéit e vertrëtt. Also hei schéngt d'Welt op de Kapp gestallt ze sinn. Mir wäerten dann awer kucken, wéi jiddereen heibanne dozou stëmmt.

M. le Président. - Ass soss keng Wuertmeldung zu där Motioun Nummer 2 vum Här Claude Meisch? Den Här Minister Frieden wëllt dozou nach eng kéier Stellung huelen.

M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget. - Ech wollt och soen, Här President, datt ech richteg frou war, datt d'Opposition gutt Elementer an der Regierungserklärung fonnt huet. Dat ass jo awer eppes wat net all Dag geschitt, an duerfir ass et schonn en Ënnerscheid, wann d'Majoritéit ufänkt eis nach eng kéier dat alles ze rappeléieren oder net. Ech mengen, datt dat eng Ursaach ass.

Dat Zweet ass, datt ech selbstverständlech och dermat d'accord sinn, datt deen éischte Punkt vun där Motioun, dee seet, datt mer - cela va de soi, kann een och soen - déi noutwendeg Bestëmmung mussen mam Secteur sichen, fir déi Direktiv vun 2003 vun der Zënsvesteuerung richteg ëmzesetzen. An ech wëll och soen, datt et jo grad och e Mérite vun dem deemolege Wirtschaftsminister, dem Här Grethen, war, datt mer an där Regierung, an deenen Ecofin-Stonnen, déi net ëmmer einfach waren, och deen Accord kritt hunn. An ech hunn dat e bëssen am Suivi gesi vun deem wat do gemaach gi war, mä ech wëll mech awer doriwwer weider net hei an Är Fraktiounsdebatten amëschen.

Ech wëll just soen, mam Contenu vun där Motioun sinn ech ganz d'accord, well et ass genau dat wat mer wëlle maachen. A wann dat eng breet Zoustëmmung kritt, kënt Der net de Contraire vun der Regierung erwaarden.

M. Ben Fayot (LSAP). - Dir hutt dem Här Meisch seng Commentairen net dobäi matkritt!

(Interruptions)

M. le Président. - Gutt! Kënnen mer elo zum Vote iwwert d'Motioun Nummer 2 kommen? Kënnen mer déi Motioun par main levée ofstëmmen?

E Vote électronique ass verlaangt.

Vote

D'Motioun Nummer 2 vum Här Claude Meisch ass ugeholl gi mat 34 Jo-, 7 Nee-Stëmmen an 19 Abstentiounen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch (par M. Lucien Thiel), MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf (par M. François Maroldt), Marco Schank, Marc Spautz (par Mme Nancy Arendt), Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen (par Mme Marie-Josée Frank), MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler (par Mme Nelly Stein) et Michel Wolter;

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Xavier Bettel), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helmin-

ger, Claude Meisch et Carlo Wagner.

Ont voté non: MM. Claude Adam, François Bausch, Felix Braz, Camille Gira (par M. Henri Kox), Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter.

Se sont abstenus: MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. John Castegnaro), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Marc Angel), Mme Lydia Mutsch (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner (par M. Roger Negri) et Mme Vera Spautz;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling (par M. Jean-Pierre Koepp), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Wëllt nach eng Kéier ee seng Absentiuon begrënnen?

(Négation)

Motion 3

Da kéime mer zum Vote iwwert d'Motioun Nummer 3, d'Motioun vum Jacques-Yves Henckes. Dozou wëllt de Budgetsminister nach Stellung huelen.

■ **M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.**- Här President, vu datt d'Chamber d'Motioun Nummer 2 gestëmmt huet, ass et evident, datt d'Motioun Nummer 3 net méi geet, well déi ass ganz kloer contraire zum Regierungsprogramm an déi ass contraire zur Motioun, déi eng breet Zoustëmmung virdru kritt huet.

Ech wëll direkt och zur Motioun Nummer 4 schwätzen, well dat hânt e bëssen domat zesummen.

D'Regierung ass bereet e Projet de loi ze déposéieren, Dir hutt zwar elo grad gestëmmt „sans tarder“. Enner „sans tarder“ verstinn ech, datt mer dat virum Enn vum Joer versichen ze maachen, mä d'Modalitéiten, déi do dra sinn, déi hu mer natierlech nach net festgeluecht. Déi stinn am Projet de loi, dee mer an der Ausaarbechtung hunn.

Duerfir kann ech net domat d'accord sinn, och wa mer hei gesot hunn, à d'itératives reprises, datt mer grouss Fräibeträg maache fir d'Spueren ze encouragéieren an d'Klengspuerer net ze penaliséieren, wëll ech mech haut net festleeën op Montanten an op Modalitéiten, déi wierklech eréischt an der Ausaarbechtung sinn an déi net am Regierungsrot diskutéiert gi sinn. Duerfir géing ech d'Chamber bidden, d'Motiounen 3 a 4 ofzelehnen.

Merci.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien.

■ **M. le Président.**- Mir kommen domadder zum Vote iwwert d'Motioun Nummer 3. Ass hei de Vote électronique verlaangt?

(Négation)

Dat schéngt net de Fall ze sinn. Da stellen ech déi Motioun zum Vote.

Vote

Wien ass mat där Motioun d'accord?

Wien ass géint déi Motioun?

A wien enthält sech?

Dat ass relativ kloer, d'Motioun ass ofgelehnt.

Motion 4

Ech ginn dann och dovun aus,

datt fir d'Motioun Nummer 4 kee Vote électronique verlaangt ass.

(Assentiment)

Vote

Wien ass also fir d'Motioun Nummer 4?

Wien ass do dergéint?

A wien enthält sech?

Domadder wär och d'Motioun Nummer 4 ofgelehnt.

Dir Dammen an Dir Hären, mir sinn domadder um Enn vun eisen Debatten. Déi nächst Sitzunge si virgesi fir den 19., den 20. an den 21. Abrëll, an den Ordre du jour gëtt lech schrëftlech zoukomme gelooss.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 19.52 heures)

Ordre du jour

1. Communications
2. Rôle des affaires
3. Ordre du jour
4. Motion de M. Robert Mehlen relative à la levée de l'embargo sur les ventes d'armes en Chine
(Discussion générale - Résolution - Votes)
5. Présentation d'une liste de trois candidats pour le poste de Conseiller à la Cour des Comptes
6. 5231 - Projet de loi portant modification de l'article 1er de la loi modifiée du 31 juillet 1929 sur le régime fiscal des sociétés de participations financières (Holding companies)
(Rapport de la Commission des Finances et du Budget - Discussion générale - Vote et dispense du second vote constitutionnel)
7. 5402 - Projet de loi portant approbation du Protocole établi conformément à l'article 34 du Traité sur l'Union européenne, modifiant, en ce qui concerne la création d'un fichier d'identification des dossiers d'enquêtes douanières, la Convention sur l'emploi de l'informatique dans le domaine des douanes, signé à Bruxelles, le 8 mai 2003
(Rapport de la Commission juridique - Discussion générale - Vote et dispense du second vote constitutionnel - Motion)
8. 5262 - Projet de loi portant approbation:
 - a) de la Convention établie sur la base de l'article K.3 du Traité sur l'Union européenne, relative à la lutte contre la corruption impliquant des fonctionnaires des Communautés européennes ou des fonctionnaires des États membres de l'Union européenne, signée à Bruxelles, le 26 mai 1997;
 - b) du deuxième Protocole établi sur la base de l'article K.3 du Traité sur l'Union européenne, à la Convention relative à la protection des intérêts financiers des Communautés européennes, signé à Bruxelles, le 19 juin 1997;
 - c) de la Convention pénale sur la corruption, signée à Strasbourg, le 27 janvier 1999;
 - d) du Protocole additionnel à la Convention pénale sur la corruption, signé à Strasbourg, le 15 mai 2003; et modifiant et complétant certaines dispositions du Code pénal
(Rapport de la Commission juridique - Discussion générale - Vote et dispense du second vote constitutionnel)
9. Résolution de M. Claude Meisch relative à l'instauration d'une commission spéciale chargée de l'étude de la problématique relative à la recherche sur les cellules embryonnaires humaines en vue de l'élaboration de propositions législatives en la matière
(Discussion générale - Vote)

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Jean Asselborn, Vice-Premier Ministre et M. Luc Frieden, Ministre.

(Début de la séance publique à 15.01 heures)

■ **M. le Président.**- D'Sitzung ass op.

Huet d'Chamber eng Kommunikatioun ze maachen?

■ **Plusieurs voix.**- D'Chamber?

■ **M. le Président.**- Pardon! Huet d'Regierung eng Kommunikatioun un d'Chamber ze maachen?

■ **M. Jean Asselborn, Vice-Premier Ministre.**- Neen, Här President.

1. Communications

■ **M. le Président.**- Ech hu folgend Kommunikatiounen un d'Chamber ze maachen:

1) Conformément à l'article 7 de la loi modifiée du 8 juin 1999 portant organisation de la Cour des Comptes et aux dispositions des articles 117 à 131 de son Règlement interne, la Chambre des Députés sera appelée, 30 jours au moins après la présente communication, à établir une liste de trois candidats pour le poste de Président à la Cour des Comptes en remplacement d'un membre ayant fait valoir ses droits à la retraite.

Les intéressés posent leur candidature par lettre adressée au Président de la Chambre des Députés.

Les Députés peuvent proposer des candidatures par lettre adressée au Président de la Chambre des Députés. Dans ce cas ils doivent s'assurer au préalable que le candidat accepte la candidature.

Pour être recevables, les candidatures doivent être adressées au Président de la Chambre des Députés au plus tard dans les 15 jours qui suivent la présente communication.

Les candidatures doivent être accompagnées de notices biographiques et de toutes pièces utiles indiquant que les conditions prévues à l'article 7, paragraphe 2, alinéa 2 de la loi précitée sont remplies, à savoir:

- a) être de nationalité luxembourgeoise,
- b) jouir des droits civils et politiques,
- c) offrir les garanties de moralité requises,

d) satisfaire aux conditions d'aptitude physique requises pour l'exercice de la fonction,

e) être détenteur d'un diplôme d'études universitaires documentant un cycle complet de quatre années d'études accomplies avec succès.

D'Presidentekonferenz huet virgeschloen, beim Appel aux candidatures keng spezifesch Ufuerderungen ze stellen, wat d'Formation ubelaangt, déi vum Universitätsdiplom sanktionéiert gëtt.

Ass d'Chamber domat averstannen?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Dës Kommunikatioun gëtt vum Greffe als Avis officiel an der Press veröffentlecht.

2) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le bureau. Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

3) Les projets de loi suivants ont été déposés au Greffe de la Chambre des Députés:

1. 5459 Projet de loi modifiant la loi modifiée du 17 juin 1994 relative à la prévention et à la gestion des déchets

Dépôt: Monsieur le Ministre de l'Environnement, le 12.04.2005

2. 5460 Projet de loi portant approbation de la Convention entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la République de Lettonie tendant à éviter les doubles impositions et à prévenir la fraude fiscale en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune et du Protocole y relatif, signés à Luxembourg, le 14 juin 2004

Dépôt: Monsieur le Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration, le 13.04.2005

3) 5461 Projet de loi portant approbation de l'Accord sur la promotion, la fourniture et l'utilisation des systèmes de navigation par satellites de GALILEO et du GPS et les applications associées, signé à Dromoland Castle, Co. Clare, le 26 juin 2004 et de son Annexe

Dépôt: Monsieur le Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration, le 13.04.2005

4) 5462 Projet de loi portant approbation de l'Accord de coopération concernant un système mondial de navigation par satellite (GNSS) à usage civil entre la Communauté européenne et ses États membres et l'État

d'Israël, signé à Bruxelles, le 13 juillet 2004

Dépôt: Monsieur le Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration, le 13.04.2005

5) 5463 Projet de loi portant approbation du Traité entre le Royaume de Belgique, la République fédérale d'Allemagne, le Royaume d'Espagne, la République française et le Grand-Duché de Luxembourg relatif au Corps européen et au statut de son Quartier général, signé à Bruxelles, le 22 novembre 2004

Dépôt: Monsieur le Ministre de la Défense, le 15.04.2005

6) 5464 Projet de loi portant réalisation de mesures constructives préparatoires dans le cadre de la liaison Micheville.

Dépôt: Monsieur le Ministre des Travaux publics, le 18.04.2005.

Tous les documents peuvent être consultés au Greffe.

2. Rôle des affaires

An hirer Réunioun vum 13. Abrëll huet d'Presidentekonferenz sech mat der Demande vun der Regierung averstan erkläert, de Projet de règlement grand-ducal 4421 iwwert déi zivil Aviatioun vum Rôle ze sträichen.

Ass d'Chamber domadder averstan?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

3. Ordre du jour

Wat eisen Ordre du jour vun haut de Mëtteg ubelaangt, huet d'Presidentekonferenz Folgendes virgeschloen:

- 1) d'Opstellung vun enger Lëscht vun dräi Kandidate fir de Post vum Conseiller bei der Cour des Comptes;
- 2) de Projet de loi 5231 iwwert d'Holdingen, nom Modell 1;
- 3) de Projet de loi 5402 iwwert d'Asetze vun der Informatik bei der Douane, och nom Modell 1;
- 4) de Projet de loi 5262 iwwert d'Bekämpfung vun der Korrup-tioun, nom Modell 1;
- 5) d'Resolutioun vum Här Claude Meisch iwwert d'Schafung vun enger Spezialkommissioun, déi sech mam Gebitt vun der Zelle-forschung befaasst a
- 6) d'Motioun vum Här Robert Mehlen iwwert den Embargo vun de Waffeliwwerungen u China.